




ZOOM 1200^{mm}

Zoom op d'Studentenzeen

D'STUDENTENZEITUNG

Edition 2011-2012

B.P. 63 L-7201 Walferdange • contact@acel.lu • www.acel.lu



Editorial

De Zoom1200mm ass eng Zeitung vu Studenten fir Studenten, a riicht sech u jiddereen, deen um Studenteliewen interesséiert ass.

Och dëst Joer hu mir rëm flott Artikelen am Zoom: en néie Cercle zu St. Gallen stellt sech vir, et gëtt e klengen Iwwerbléck vun der REEL gebueden, et kritt een en Androck wéi et ass an Neiséiland ze studéieren, et kann een iwwer aussergewöhnlech Stagen am Ausland liesen an nach vill aner interessant Beiträg fënnt een an dëser Zeitung.

De Zoom1200mm gëtt och rëm mam Tageblatt verdeelt, wat eis immens freet, well mer esou méi engem grouse Public ausserhalb vum aktive Studenteliewen d'Aarbecht vun de Cercle an der ACEL méi no brénge kënnen.

E grouse Merci un all déi, déi ee Bäitrag zu dëser Zeitung gemaach hunn; e spezielle Merci un de Pit Schumann fir seng Ënnerstëtzung. Merci och un eis Sponsoren, well ouni hir Ënnerstëtzung wier et net méiglech, esou eng Zeitung op d'Been ze stellen.



Myriam Olinger
Chef-Redaktrice

Léif Lieser



D'ACEL ass frou fir iech och dëst Joer rëm duerch de Zoom1200mm een Abléck an déi Lëtzeburger Studentenszenen kënnen ze bidden. Mam Zoom1200mm wëlle mir an éischter Linn d'Schüler op der Studentefoire uschwätzen an hinnen ee klengen Virgeschmaach op déi spannend Joere ginn, déi si als Student wäerten erliewen. Well de Zoom1200mm sech awer och u Leit richt, déi eventuell nit a permanentem Kontakt mat der Héichschoulwelt stinn, si mir natierlech och dëst Joer rëm dankbar dofir, datt eis d'Méiglechkeet gi gëtt dës Zeitung mam Tageblatt zesummen ze verdeelen.

1984 als politescht Sproochrouer zu Karlsruhe gegrënnt, vertritt d'ACEL hautsdaags 42 Studentencercle an deene sech eng 10'000 Studenten organiséiert hunn, an ass haut dee wuel gréisste Studentevertrieder zu Lëtzebuerg. Aus der Zesummenaarbecht vu ville kreative Käpp sinn am Laf vun de Joeren eng ganz Panoplie un Evenementer an Informationsbroschüren entstanen déi sech all ëm déi dräi Haaptpillere versammelen, déi wieren: Schüler a Studenten informéieren, Studente vertrieben a Studenten zesummebréngen.

Op dëser Plaz wëll ech namol explizit op eng ganz spezifesch an eenzegaarteg Manifestatioun hiweisen: d'ACEL Schülerreesen. Hei kënnen d'Schüler, mam lokale Cercle, eng Universitätsstad besichlegen. Eng besser Méiglechkeet, fir sech op seng zukünfteg akademesch Carrière virzubereeden, fënnt ee wuel kaum. Weiderhi ginn dem Schüler mam Guide du Futur Etudiant an dem scheidende Student mam Guide du Futur Diplômé zwou héichklassesch Informationsquellen gratis zur Verfügung gestallt.

Och um politesche Plang ass d'ACEL ganz aktiv. Sou stoungen dëst Joer, ënnert anerem déi nei Studentendelegatioun op der Uni Lëtzebuerg, d'Evaluatioun vum Gesetz zu der Aide Financière an divers Entrevuen, um Programm. Och d'REEL, déi dëst Joer ganz am Zeechen vun der Informatioun an der Orientatioun stoung, gehéiert dozou. Op dëser Plaz félicitéieren ech dann och dem Bréisseler Comité vun der REEL nach fir di gelongen Organisatioun.

Iwwert d'ganz Joer organiséieren d'Cercle vun der ACEL verschidden sportlech, kulturell a biblisch Aktivitéiten, wou d'Studenten, déi iwwerall an der Welt studéieren, zesumme kommen. Vun de gréissten Manifestatiounen vun der ACEL brauch ee wuel dee bekannte Studentebal nit méi z'erwänen. Awer och den Tournoi de Noël gëllt et net ze verpassen. Hei kënnen Studenten sech a verschiddene sportlechen Disziplinne bewiese. Elo hunn ech awer genuch iwwert d'ACEL an hir Aktivitéiten gezielt an et bleift mir just nach vill Spaass beim Liesen ze wënschen.

Martine Krieps
Präsidentin

SOMMAIRE

Wat ass d'ACEL?	2
D'ALEM	4
Tour de France	5
Doktoranteninterview	6
REEL'11 Bréissel	7
ANESEC	8
Guide du Futur Diplômé	9
Schülerreesen	9
Tournoi de l'Ambassadeur	10
Humanitäraktioun Afrika	11
Studium zu Stroossbuerg	12
Neiséiland	13
St. Gallen	14
Stage an Indien	15
Studentereprésentatioun	16
ALEP	17
Meng Meenung	17
Guide du Futur Etudiant	18

IWWERBLECK

D'ALEM

D'ALEM (Association Luxembourgeoise des Etudiants en Médecine) gouf elo am August 45 Joer al. Dofir huet d'ALEM sech mol op d'Sich no senger Grënnungsmember gemaach an ass esou op den Dr. Guy Scheifer gestouss, den eis Informatiounen iwwert d'Grënnung ginn huet.

1966 haten e puer lëtzebuergesch Medizinstudenten d'Iddi zesummen eng Associatioun ze grënnen. Zu deene Studenten hunn de Guy Scheifer, Roger Arendt, Guy Glaesener, Georges Rihm an de Gust Esslingen gehéiert. Duerch d'ALEM wollte si e puer Probleemer vun deemools léisen ...



4

REEL'11 Bréissel

Donneschdes, den 13ten Oktober 2011, zu fréier Stonn, war et endlech esou wäit. Déi verschidden Delegatiounen vun de lëtzeburger Studentencercle aus ganz Europa hu sech op de Wee gemaach, fir un der 27ter Edition vum der Réunion Européenne des Etudiants Luxembourgeois (REEL) deel ze huelen, déi dëst Joer an der Hauptstadt vun der Belge (jo, dat Land gëtt et nach ëmmer) organiséiert gouf.

Nom übleche Stau fir a Bréissel eran, konnten eis zukünfteg REEL'aner dann endlech, gutt gelaunt, um Campus Solbosch vun der Université libre de Bruxelles ...



7

Neiséiland

Wann ee vu Lëtzebuerg aus e Lach duerch d'Äerd buddelt, da kënn een am pazifeschem Ozean eraus, direkt niewent Neiséiland. Neiséiland läit op der anerer Säit vun der Welt. Et ass bekannt fir seng Landschaften, säin Tourismus, seng Schof, d'Kiwiwuucht, de Kiwivull, d'Maori-Kultur an de Rugby. A Neiséiland ass dat Land, wou ech e Joer laang studéiert hunn.

No der Première hunn ech mech dofir decidéiert Schouljoffer ze ginn. Et wore vill Grënn déi mech zu Lëtzebuerg gehal hunn, privater, sportlecher, schoulescher oder praktescher. Ech hunn a mengen 4 Joer Uni. lu een Auslandssemester zu Köln gemaach ...




13

Wat ass d'ACEL ?

Wat mécht d'ACEL ?

A wéi mécht d'ACEL dat ?

ACEL steet fir «Association des Cercles d'Etudiants Luxembourgeois», wat esou vill heescht wéi «den Daachverband» vun all de lëtzebuergesche Studentecercelen, oder kuerz «de Studentevertrieeder». D'ACEL vertritt momentan 37 lëtzebuergesche Cercle, déi duerch 9 europäesch Länner an duerch Amerika verdeelt sinn. Déi Cercle wäerten den ACEL Co-



mité all Joer op hirer Wanter AG a sinn alleguer Member vun der ACEL. Doriwwer eraus, representéiert d'ACEL awer och déi 5 fachspezifesch Cercle, déi Studenten aus eenzelne Fachberäicher verrieden.

Eng Roll vun der ACEL ass Schüler a Studenten ze informéieren, ze regruppéieren an zesummen ze féieren. Eng aner ass sech virun den Autoritéite fir Studenten anzesetzen, soubal dëst noutwenneg ass.

D'ACEL informéiert Schüler a Studenten duerch eng Rei vu Publikatiounen a Manifestatiounen: De Guide du Futur Etudiant, informéiert Schüler awer och Studenten iwwer déi verschidde Studieméiglechkeeten an de verschidde Länner. De Guide du Futur Diplôme hëlleft Studenten, déi fäerdeg si mat studéieren, am Berufsliewe Fouss ze faassen. Donieft proposéiert d'ACEL och StudienInfoen, wou

de Schüler vun den Ofschlossklassen gehollef gëtt, am Uni-Dschungel den Duerchbléck ze kréien. Op der Foire de l'Etudiant kënnen all Schüler sech direkt op der Plaz mat der ACEL a mat de verschidde Cercle ënnerhalen a Froe stellen.

Duerch Publikatiounen a Manifestatiounen regruppéiert d'ACEL och Studenten: den e-zoom, eng elektronesch Newsletter vu Studenten fir Studenten, déi 4 mol am Joer informéiert iwwer wat all déi aner Cercle sou dreiwien, de Zoom 1200mm, eng Zeitung, déi eemol d'Joer eraus kënnt an déi e "Zoom" op d'lëtzebuergesche Studentenzeen ass an den e-leo, en internen ACEL Compte-Rendu an deem all Cercle informéiert gëtt, wat den ACEL Comité mécht.

De Studentebal ass e Bal, un deem d'Cercle aktiv matschaffen an deen och all Joer erëm e grouss Succès ass. D'REEL, d'Réunion Européenne des Etudiants Luxembourgeois, regruppéiert all Joer an enger aner europäescher Stad 150 Studenten fir iwwer all méiglech héichschoupolitesche Themen ze debattéieren a sech och besser kennen ze léieren.



contact@acel.lu
www.acel.lu



Masterstudium an der Universität Luxemburg

International. Persönlich. Vernetzt.

Wer bei uns studiert, entscheidet sich für eine internationale Forschungsuniversität mit persönlicher Atmosphäre.

Mehrsprachige und englischsprachige Masterstudiengänge, kleine Lerngruppen und individuelle Betreuung, ausgewogene Lehre durch Professoren und Praktiker aus 25 Ländern, Wirtschaftskontakte in Forschung und Lehre. Und das alles in direkter Nachbarschaft zu den Europäischen Institutionen, zum Finanzplatz Luxemburg und zum attraktiven Arbeitsmarkt Luxemburg.

Unsere Fakultäten:

- Fakultät für Naturwissenschaften, Technologie und Kommunikation
- Fakultät für Rechts-, Wirtschafts- und Finanzwissenschaften
- Fakultät für Sprachwissenschaften und Literatur, Geisteswissenschaften, Kunst und Erziehungswissenschaften

Teilzeitstudium möglich! Mehr Infos:
www.uni.lu - seve.infos@uni.lu - Tel. +352 46 66 44 6060

Universität Luxemburg. Master mit Mehrwert.

Get in the game.



Deloitte Lëtzebuerg mécht den 8. & 9. Dezember 2011 seng Dieren op **Maach een home run**

Bréngt Dir et fäerdeg de Ball ze treffen? Mir invitéieren Iech en Tour vun eisem „Spillfeld“ ze maachen, an ween weess, villäicht e Punkt ze markéieren, wann Dir un eisen „Journées Portes Ouvertes“ den **8. an 9. Dezember 2011**, deel huet.

Dir hutt d'Geleeënheet d'Realitéit vun eise Métieren un Hand vun enger Presentatioun vun der Firma kennenzeléieren an Iech mat eise Mataarbechter auszetauschen. Zousätzlech kënnt Dir och vun engem individuelle Gespréich mat eise Recruteurs profitéieren.

Mir offréieren Iech folgend Opportunitéiten an eisen Equipen:

- **Stéieren:** Fiscalisten, Juristen an Comptablen
- **Audit:** Junior Auditeurs
- **Comptabilitéit**
- **Conseil:** Stagen oder Opportunitéiten a folgenden Domainen:
 - Information & Technology
 - Fund Registration
 - Actuarial sciences

- Fund Reporting
- German initiative - Business analysis

Wann der Interessé un enger vun dësen Opportunitéiten hutt, dann invitéiere mer Iech virum 11. November op www.deloitte.lu, an der Rubrik **careers** (référence : Open Days Deloitte Luxembourg - 8 & 9 December 2011) anzeschreiwen. D'Plaz sinn begrenzt an vergiesst net äre CV an eng "lettre de motivation" mat ze schécken.

Spéitstens den 1. Dezember kritt der all logistesche Detailler matgedeelt.

Mir freeën eis Iech kennenzeléieren,


Ressources Humaines



Find us on Facebook

<http://www.facebook.com/YourFutureAtDeloitteLuxembourg>

D'ALEM feiert seng 45 Joer



Thema “Health and the Future“. Dëst huet eis erméiglecht international Kontakter ze schléissen, eis u Projete vun anere Länner ze inspiréieren an eis an „Trainings“ (wéi z.B. Project Management) weider ze bilden. Mir si stolz drop datt mir ënnert den 1200 Medezinsstudenten déi aus aller Welt present waren, Lëtzebuerg konnte representéieren.

Vue dat eise Logo och schonn eng Partie Joeren um Bockel huet, hu mer décidéiert fir op eise 45 Joresdag eise Logo ze wieselen. Den Design kënnt vum Lisa Keiffer a mir soen him Merci fir seng gutt Aarbecht.

Stousse mer u fir dat d'ALEM och nach wieder 45 Joer present ass a sech fir Medezinsstudenten asetzt!



Fir d'ALEM,
Isabelle Jung an Sébastien Rinaldetti

contact@alem.lu
www.alem.lu

D'ALEM (Association Luxembourgeoise des Etudiants en Médecine) gouf elo am August 45 Joer al. Dofir huet d'ALEM sech mol op d'Sich no senger Grënnungsmembere gemaach an ass esou op den Dr. Guy Scheifer gestouss, den eis Informatiounen iwwert d'Grënnung ginn huet.

1966 haten e puer lëtzebuergesch Medezinsstudenten d'Iddi zesummen eng Associatioun ze grënnen. Zu deene Studenten hunn de Guy Scheifer, Roger Arendt, Guy Glaesener, Georges Rihm an de Gust Esslingen gehéiert. Duerch d'ALEM wollte si e puer Problemer vun deemools léisen déi de Medezinsstudent betraff hunn.

Zu deier Zäit gouf den obligatoreschen Militärdéngscht fir déi zukünfteg Dokterer op 6 zousätzlech Méint verlängert, wat awer och ee méi héije Grade mat sech gefouert huet. D'ALEM wollt sech dofir asetzen dat den zousätzlechen Militärdéngscht fir déi zukünfteg Arméidokterer méi kuerz gëtt an dat den obligatoreschen Militärdéngscht ofgeschaf gëtt. An den 60er Joere war allgemeng d'Effentlechkeet géint dës Form vum Militärdéngscht an sou gouf am Juni 1967 den obligatoreschen Militärdéngscht ofgeschaf.

De lëtzebuergesche System vun den Examen fir en nationalen Diplom ze kréie war deemools och net méi zäitgeméis, genee sou wéi den Accès zu de Spezialitéiten via eng nationalen Lëscht. D'ALEM wollt sech dofir asetzen dat déi lëtzebuergesch Medezinsstudenten an d'Studiesystem vun den eenzele Studielänner integréiert ginn an och sou hier Spezialisatioun wielen. Leider war zu deier Zäit de Medezinstudium an den eenzele Länner nach net harmoniséiert. D'Dauer vun de Spezialisatiounen war ganz ënnerschiddlech vun engem Land zum aneren. Wat sech awer dunn och an den dorop folgende Joere geännert huet.

D'ALEM huet sech awer och schonn deemools zu Häerz geholl Medezinsstudenten an den eenzele Länner ze informéieren.

Hautdesdaags huet d'ALEM natierlech eng Partie nei Zieler a Projete. Dozou gehéiert d'Organisatioun vun der Petziklinik, Kommunikatioun zwëschen de Spideeler an de Studenten, Entrevü mat verschiddenen Instanzen sou wéi de Gesondheitsministère oder den Héichsoulministère, mä och d'Elaboratioun vun der „Démographie médicale“ déi lo am Hiecht eraus kënnt. Fir eis Memberen organiséiere mir och all Joer eng Visite. Dëst Joer ware mir an den „Centre Francois Baclesse“ zu Esch/Alzette, mä mir waren awer och schonn an de Rehazenter oder bei d'„Luxembourg Air Rescue“.

Am Summer war d'ALEM um “August Meeting“ vun der IFMSA (International Federation of Medical Students Associations). Dës Meeting war zu Kopenhagen mat dem



EVA
ENVIRONNEMENT ET
AGRO-BIOTECHNOLOGIES



ISC
INFORMATIQUE, SYSTEMES
ET COLLABORATION



REA
RECHERCHE EN EQUIPEMENTS
AUTOMOBILES



SAM
SCIENCE ET ANALYSE
DES MATERIAUX



CRP - GABRIEL LIPPMANN

**QUATRE DÉPARTEMENTS
AU SERVICE DE VOTRE INNOVATION**

Akteur majeur de la recherche scientifique et du transfert de technologie au Luxembourg, le CRP-Gabriel Lippmann met à votre service ses compétences de haut niveau et ses technologies de pointe.

CRP - GABRIEL LIPPMANN
41, rue du Brill - L-4422 BELVALUX
tél. (352) 47 02 61-1
fax (352) 47 02 64



« Tous fous du Tour de France »

Juli '11 - Mittendrin statt nur dabei

Den Tour de France verfolgt zu Lëtzebuerg spéitstens säit de Gebridder Schleck sou zimlech jiddwereen, méi oder manner. Sou hunn ech och mol heiansdo an de läsche Joeren déi eng oder déi aner Arrivée um Fernseh gekuckt a mech iwwert lëtzebuerger Erfolleger gefreet. Dëst Joer konnt ech den Tour mol vun eng anerer Säit kennelëieren.

Alles huet ugefaang mat enger Annonce vum Tourismusministère, dee Fräiwëlleger gesicht huet fir während 3 Woche Lëtzebuerg an der Caravane publicitaire vum Tour ze representéieren. Zu där Zäit hunn ech nach zu Montpellier studéiert an hat nach nâischt geplangt fir de ganze Juli, sou dass ech mer geduecht hunn : „Why not ? Mell dech mol“.

No enger schrëftlecher Demande an engem Virstellungsgesprëch, krut ech dann och déi gutt Noriicht dass ech ee vun deenen 8 Fräiwëllegen dierft sinn.

Puer Deeg virum Start vun der Grande Boucle hate mer du Rendezvous an der Auto Garage Losch fir déi offiziell Presentatioun vun eiser Equipe un d'Presse. Et war och d'Occasioun fir endlech déi aner lëtzebuerger Caravanieren kennen ze léieren: d'Claude, eis Chef, schonn oft bei der Caravane dobei, d'Kätty, d'Elisabeth, d'Nicole, de Laurent F., de Christopher, de Jacques an de Laurent H. Obwuel mer eis net kannt hunn, war direkt eng flott Stëmmung, déi déi nächst 3 Wochen ugedauert huet, sou datt et eis ni langweileg ginn ass.

Equipéiert mat eise rouden T-shirten, ass d' Camionnette geluede gi mat de Goodies. Verdeelt goufen duerch ganz Frankräich Kaarte vu Vëlosweeër zu Lëtzebuerg, grouss a kleng Fändelen, Buffen (Foularde fir an den Hals), DVDen, ...

No enger kuerzer Erklärung vun eisen 4,



opfälleg mam roude Léiw dekoréierten Autoen, engem VW Eos, engem Seat Alhambra, engem Audi A3 Cabrio, a last but not least engem Skoda Superb, ass et fir eng läscht Nuucht nach eng Kéier Heem gaang.

Mëttwochs, den 29ten Juni, moies fréi hu mer eis op de Wee an d'Vendée gemaach, wou mer bis zum offiziellen Start vun der Tour Samschdes um Village du Tour, eppes wéi enger Foire, e Stand animéiert hunn an de Leit gehollef hunn eng Rees op Lëtzebuerg ze gewinnen. Leider woussten nëmmen déi wéinegst ouni eis Hëllef ween d'Gëlle Fra ass.

Samschdes moies ass den Tour Alldag ugangaang. Wéi gesäit sou en Dag aus? Moies

ganz fréi opstoen, jeenodeem wéi wäit den Hotel vum Départ ewech ass. Mir mussen näamlech 2 Stonne virum Départ vun der Caravane, déi gutt 2 Stonne virun de Coureuren op de Parcours fiert, um Parking Caravane sinn. Dann heescht et Autoe botze bis dass se schéi blénken an d'Goodies prett leeën, déi verdeelt musse ginn.

Wann déi Aarbecht bis gemaach ass, muss just nach d'lessen ofgeholl ginn an dann hat ee bis zum Départ d'Equipe Zäit ze liesen, nach eng kleng Sieste ze halen oder aner Caravanieren kennen ze léieren. Et gouf och d'Méiglechkeet bei engem klengen Warm-up Danz matzemaachen, well d'Musek schon moies fréi haart opgedréint war, sou datt ee spéitstens no puer Minutten um Parking net méi midd war. Während den 3 Wochen hunn ech sou konnt vill nei Leit kennelëieren, well d'Caravane e super Vakanzenjob fir vill franséisch Studenten ass. Si waren ëmmer ganz erstaunt dass mir als lëtzebuerger Fräiwëlleg mat derbäi waren.

Et gouf dann och d'Méiglechkeet bei déi aner Caravanen hier Goodies froen ze goen. Bei verschiddene vun eis ass sou e richtegt Sammelféiwer ausgebrach, fir och all Kap, T-shirt, Portecle, etc. vun deene verschiddene Marken ze hunn. Mir ass et éischter duergaang all Moie meng Päck Haribo Kamellen a Madeline fir den Dag ze hunn. Vu gesonder Ernährung konnt ee während 3 Wochen sou nëmmen dreemen!

Wa bis d'Pompjeessireen gaangen ass, huet et geheescht Plaz huelen an den Autoen an dann ass et an der richteger Reiefolleg op de Parcours gaang. Mir waren sou ëmmer hannert der Gedränkemark Panach, deenen hier Musek, ee stännegt „Panach, Panach, Panach“ eis schonn nom éischten Dag nogelaf ass, mä un dat mer eis hu misse gewinnen. Am Schnëtt ware mer da gutt 5 Stonnen ënnerwee, fir de Leit op der Strooss eng kleng Freed ze maachen an hinne Lëtzebuerg als Vëlosland e bësse méi no ze bréngen. Oft krute mer leider ze héieren dass d'Leit vun eis Suen, Goldbarren oder Scheckë wélten, well se Lëtzebuerg net anescht kennen. Anerer hunn eis zougeruff „Allez Andy“.

Wéinst menge blonden Hoer, hunn ech perséinlech dann och oft aner Remarques zougeworf kritt, déi mech awer ëmmer schmunzelen gedoen hunn. U Komplimenter huet et net gefeelt. Och wa Reaktiounen vun de Spectateuren net ëmmer schéi waren, leider sinn och



mol Saachen an den Auto geflunn an da war ee frou wann et nëmme Waasser war, sinn et awer déi Reaktiounen, déi dat ganz sou eenzegaarteg maachen. Kanner déi vu Freed eis kleng Pabeiersfändele bal futti wénken, Leit déi op déi onméiglechste Art a Weise verkleet sinn, anerer déi engem lessen an Drénken op der Strooss offrëieren, oder den „suivez-moi“ op eisen Autoen ze eescht geholl hunn an mol puer Meter niewent dem Auto gelaf sinn, ... et erlieft een all Moment eppes neies während all Etapp. Vun der Course selwer hu mir par contre ni vill matkritt. Iwwer d'Arrivée fiert d'Caravane näamlech mindestens eng hallef Stonn virun de Cyclisten an dann ass et direkt Richtung nächsten Hotel gaang wou mer d'Nuecht da verbruecht hunn.

Dräi Wochen Tour duerch Frankräich huet eis et och erméiglecht vill schéi Plazen ze gesinn. Op an der Vendée, der Bretagne, dem Massif central, de Pyrénées oder den Alpen, mir si vun enger impressionanter Landschaft an déi aner komm. Déi 2 Roudeeg hu mir wahrscheinlech genau sou genoss a gebraucht wéi d'Coureuren. Sou konnt mir um Bord vun der Piscine e



bëssen ofschalten eier et deen anerem Dag erëm viru gaang ass.

An Erënnerung halen ech ganz speziell 3 Etappen, och wann déi aner net vergiess sinn. Souwisou stoungen ëmmer Dausende vu Leit op de Stroossen. Souguer wann et gereent huet wéi mat Eemere waren d'Leit do fir e Kado ze kréien an engem zréck ze wénken.

Déi éischt ass d'Kinnéksetapp vun dësem TdF, mat der Arrivée uewen um Galibier wou mer iwwer Radio matkritt hunn dass den Andy alleng attackéiert huet an e sollt et och alleng erop packen an dës Etapp op eng impressionant Art a Weis gewinnen.

Absoluten Highlight war dann natierlech d'Alpe d'Huez, déi 21 weltberühmte Kéieren déi schwaarz vu Leit sinn a wou eng Stëmmung ass, déi ech soss nach néierens erlieft hunn. En plus hate mir d'Chance, dass mir déi Nuecht an engem Hotel op der Alpe selwer geschlof hunn an sou konnt d'Arrivée mat verfollegen. Mir hunn eis et natierlech net huele gelooss eng Coupe Crémant op dem Andy säi giele Maillot ze drénken!

An zu gudder Läscht kouw dann och wierklech dat Bescht. Champs Elysées am Zickzack erop ze fuere mat Vue op den Arc de Triomphe an alt erëm Dausende vu Leit hannert de Barriären, dat erméiglecht nëmmen den TdF.

Sou waren déi 8000 Kilometer mat der Caravane publicitaire duerch Frankräich eng onvergiesslech Erfahrung.

Doktoranteninterview Pit Pillatsch



INSTITUT
Optical and Semiconductor
Devices Group
Department of Electrical and
Electronic Engineering
Imperial College London

SUJET DE THÈSE
Energy Harvesting From Human
Body Motion

DIRECTEUR DE THÈSE
Prof. E. M. Yeatman, Prof. A. S.
Holmes

Wat hues du wou studéiert?
Ugefaang hunn ech mat engem Bachelor am Maschinnebau zu Zuerich. Fir de Master sinn ech zu Zuerich bliwwen, hunn awer d'These selwer während 6 Méint am Austausch zu Kyoto gemaach. Am Moment maachen ech en Doktorat an der Elektrotechnik um Imperial College zu London.

Wéi koum et datts du dech entscheet hues fir den Doktorat ze maachen?
No verschiddene Stagen an der Industrie hunn ech mech nach net wierklech prett fir d'Berufswelt gefillt. D'Doktorat gëtt mer d'Méiglechkeet mech weider ze entwéckelen an erauszefannen op ech wëll an der Fuerschung bleiwen oder dono dann an d'Industrie wëll.

War et komplizéiert fir eng gëeegent Plaz / Thema ze fannen?
A mengem Fall war et zimlech onkomplizéiert. Ech hat eng Iddi op wéinegem Gebitt ech wollt schaffen an hunn no Unië gesicht di dat Thema ubidden. Ech hu verschidde Proffen direkt ugeschriwwen mat enger kuerzer Begrënnung firwat ech grad mat hinne wëllt schaffen. Dat weist eng Gewëssen eegen Initiative a Motivation, wat an der Regel besser ukënnt.

Wat ass däin Thema vun der Aarbecht?
D'Thema vu menger Aarbecht ass „Energy Harvesting From Human Body Motion“. Am wesentleche geet et dorëms elektresch Energie aus de Beweegunge vum mënschlech Kierper ze gewinnen. Dat wäert virun allem an der Zukunft fir medizinesch Implantater (Schrittmacher, Glukose-sensoren fir Diabetiker, ...) interessant ginn, well een dann net all Kéier muss de Patient operéieren, wann eng Batterie eidel ass.

Wéi gesäit am Moment däin Alldag aus wou's du lo mam Doktorat beschäftegt bass?
Mäin Alldag ass eigentlech zimlech geregelt, normal Aarbechtszäite si vu ca. 9 bis 5 oder 6. An deem Sënn kennt den Doktorat méi no un eng normal Aarbecht wéi un e Studium erun. De Virdeel ass awer, datt ech mech selwer kann andeelen a selbstänneg schaffen. D'Regel ass hei, sou laang wéi d'Aarbecht gemaach gëtt kann ee schaffe wéini a wou ee wëllt.


Kann een déi Methode fir Energie ze gewinnen och an aneren Domainen uwenen ausser an der Medezin?
De Prinzip berout am wesentlechen op Vibratiounen. Doduercher ass di Method natierlech iwwerall do asetzenbar wou Vibratiounen ze fanne sinn. Beispiller sinn hei Maschinnen an der

Industrie, Iwwerwaachung vun Autobunnsbrécken a Gebaier, Drocksensoren an Autospneue bis hin zu all méiglechen elektronische Gadgets, zum Beispill e Bluetooth Headset fir den Handy.

Schaffs du gréisstendeels eleng oder bass du an engem Team?
Mäi Projet huet mëttlerweil zimlech kloer Formen ugeholl an ech sinn do zimlech eegestänneg, natierlech mat Ënnerstëtzung vu mengem „supervisor“. Allerdéngs schaffen aner Leit an eise Grupp un ähnlechen Technologien a mir treffen eis regelméisseg fir eis auszutauschen an um neiste Stand ze halen. D'Thema ass an engem Grenzgebitt tëschent dem Maschinnebau an der Elektrotechnik. Di meescht Kollegen hunn hire Master an der Elektrotechnik gemaach, sou datt mer eis do oft ergänzen an dat gefält mir ganz gutt.

Hues du dann an tëschen Zäit schonn eng Idee wat's du no dengem Doktorat maache wëlls? Wëlls du am Thema „Energy Harvesting From Human Body Motion“ weider schaffen?
Ech probéiere generell ëmmer oppen ze bleiwen an zouzeschloen, wann eng gutt Geleeënheet kennt. Vue datt ech nach zimlech am Ufank vum Doktorat si maachen ech mer awer nach net allzevill Gedanken iwwert di Zäit duerno. Duerch Collaboratiounen a Konferenzen offréiert en Doktorat engem och vill Méiglechkeete Leit aus der Industrie a vun aneren Unie kennen ze léieren. Ech hoffen datt sech do-rauser vläit eemol eppes ergëtt

Interview vum Myriam Olinger



de Guichet Entreprises



Entreprendre au Luxembourg

www.guichet.lu



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG



Eng Iddi. Meng Zukunft.

Nos partenaires :



Réunion Européenne des Etudiants Luxembourgeois

13.-16. Oktober 2011



La recherche a de l'avenir,
alors rejoignez-nous !

Intéressé(e) ?
Découvrez nos opportunités sur
www.tudor.lu/jobs

Donneschdes, den 13ten Oktober 2011, zu fréier Stonn, war et endlech esou wäit. Déi verschidden Delegatiounen vun de lëtzebuerger Studentecercelen aus ganz Europa hu sech op de Wee gemaach, fir un der 27ter Editioun vun der Réunion Européenne des Etudiants Luxembourgeois (REEL) deel ze huelen, déi dëst Joer an der Haaptstad vun der Belge (jo, dat Land gëtt et nach ëmmer) organiséert gouf.

Nom übleche Stau fir a Bréissel eran, konnten eis zukünfteg REEL'aner dann endlech, gutt gelaunt, um Campus Solbosch vun der Université libre de Bruxelles (ULB) erausklammen, wou se vum Organisationscomité empfaang gi sinn. Eemol sur Place, konnt den offizielle Programm vum éischten Dag vun dëser REEL, der „Journée bruxelloise“, dann och richteg ulafen. Bei enger Taass Kaffi am Restaurant „Chez Théo“ goufen aus de verschidden lëtzebuerger Studenten da richteg REEL'aner, nodeem se hiert Equipment (Welcome-bag, REEL-badge an T-shirt) ausgehändegt kruten.

Duerno sinn d'REEL'aner dann och direkt an déi verschidde Workshops, an déi si sech ageschriwwen hunn, guidéiert ginn. D'Workshops, déi vun der ACEL (Association des Cercles d'Etudiants Luxembourgeois) organiséert a geleet ginn, sinn eng eenzegaarteg Geleeënheet fir sech tëschen de Studenten auszutauschen an ze probéieren, gemeinsam Positiounen auszuschaffen fir Problemer besser kënnen ze léisen, oder fir op verschiddenen Aspekter vun engem Problem kënnen hinzeweisen. Fir déi aktuell Versioun vun der REEL'11 huet sech d'ACEL folgend grouss Thematiken ausgesicht:

Den éischte Workshop (Journée officielle) hat d'Aufgab den Agenda vum Débat mam Heichschoulminister ze beschwätzen a virzubereeden. Den zweete Workshop (Délégation Etudiante op der Uni.lu) war geduecht, fir vun der Experienz vun de verschiddenen Delegatiounen ze profitéieren an e Plang auszuschaffen, wéi sech d'Studente vun der Université du Luxembourg kéinten organisieren, fir am internen Entscheidungsprozess vun der Uni kënnen matzestëmmen. Schlussendlech huet sech den drëtten a leschte Workshop mat de Froen beschäftigt, déi d'Relatiounen tëschen der ACEL an de verschiddenen Cercle bestëmmen. Dëst Joer gouf beispillsweis iwwer Methoden diskutéiert, wéi d'Cercelen sech kéinte méi attraktiv opstellen, a sou méi effektiv nei Membere rekrutéieren. Dësweidre gouf sech Gedanken gemaach, fir nei Raimlechkeeten ze fannen, wou ee kéint e Studentenbal zu Lëtzebuerg organisieren. Weiderhin gouf d'Reform vun der „Bal Charta“ diskutéiert.

No engem Mëttegiessen, dat am Restaurant „Caves du Picotin“ stattfonnt huet, hu sech d'REEL'aner erëm op de Wee gemaach fir op der ACEL's Plénière deel ze huelen.

Dës Versammlung gëtt all Mënsch nach eng kéier Geleeënheet d'Rapporte vun de verschiddene Workshops unzehéieren a nach eng kéier duerch ze diskutéieren. Nodeems d'Plénière clôturéiert gouf, stoung dann och schonn de Rallye duerch Bréissel um Programm. Dës Aktivitéit gouf de REEL'aner net nëmmen d'Méiglechkeet hir cognitif a physisch Eegeschafte ze testen, mä dobäi och nach den Europaquartier an den historreschen Zentrum vu Bréissel ze erliewen an ze entdecken. Nodeem och déi läscht Grupp d'Ziel erreecht huet, war et och schonn Zäit fir d'Owesiessen am Restaurant „Chez Léon“ am Zentrum vu Bréissel. De krénenden Schlusspunkt vun der „Journée bruxelloise“ war eis stëmmungsräich Soirée dansante am „Corbeau“ (engem Kaffi mat vill bréisseler Charme).

Den zweeten Dag, „Journée de rencontres“ genannt, huet moies fréi mat de Visiten ugefaang. Wéi all Joer hu mir probéiert en interessante Programm auszuschaffen, fir de kulturelle Räichtum vun der Stad ze ënnersträichen. Wéi bei de Workshops Donneschdes, konnten d'REEL'aner sech bei der Umellung fir eng Visite aschreiwen. Déi éischt vun eise Visiten huet eis an d'„Brasserie Cantillon“ bruecht, eng Brasserie artisanale déi zanter 1900 am Betrib ass, an déi verschidde Béierzorten braut, wéi de Lambic, de Faro, d'Kriek an d'Gueuze. Déi zweet Visite huet eis an d'Europaparlament verschloen an huet de REEL'aner d'Méiglechkeet ginn, des supranational Institut ioung besser kennen ze léieren. Déi drëtt Visite huet am „Musée du Cacao et du Chocolat“ stattfonnt, wou een alles em de Cacao an d'Produktioun vum Chocolat gewuer gouf. Schlussendlech gouf et nach ons Visite am „BOZAR“, déi e Must fir all Fans vun der Architektur, a virun allem vum Art Déco an Art Nouveau, ass.

No de Visiten hu sech d'Gruppen erëmfonnt fir zesummen am Restaurant „La Manufacture“ d'Mëttegiessen ze genéissen, a sech esou fir de Rescht vum Dag ze stäerken. De Nomëtte war da ganz onse Sponsore gewidmet, déi sech konnten op Bréissel déplacéieren fir sech de REEL'aner virzustellen, a fir sech mat hinnen, während der Reception owes bei engem Patt, austauschen ze kënnen. Des Reception ass eng interessant Geleeënheet wou d'REEL'aner sech kënnen iwwer déi verschidden Entreprises a Rekrutementsprozesser informéieren an dobai Kontakter knäppen. No engem liewegen Owesiessen am Restaurant „La Quincaillerie“ ass dësen Dag op eiser „Liberty Night“ ausgeklongen, déi am Restaurant-Club „Parc Savoy“ organiséert gouf an och vill net REEL'aner ugezunn huet, déi e flotten Owend do verbruecht hunn. Den drëtten Dag, „Journée officielle“ betitelt, hu mir gréisstendeels um Site vun der





Ecole Royale Militaire (ERM) zu Bréissel verbruecht, wou den Débat mam Heichschoulminister (moies) an eis Table Ronde (nomëttes) stattfonnt hunn. Am Kader vum liewegen an interaktiven Débat, moderéiert vum Journalist David Marques, huet sech den Här Minister François Biltgen de Froen an de Kommentare vun de Représentante vun der ACEL a vun de gesamte REEL'aner gestallt. Déi grouss Theme vun dëser Diskussioun waren d'Orientatioun an d'Informatioun vun de Schüler am Lycée an eng Analyse vun der AideFi.

Nodeems den Débat clôturéiert gouf, hu mir eis all zu Fouss op de Wee fir an d'Ambassade du Luxembourg gemaach, wou e Walking-lunch organiséiert ginn ass. No engem klen-gen, mä angenehmen Verdauungsspaziergang zeréck a Richtung ERM, huet d'Table Ronde „Esprit libre, Esprit Européen“ och schonn ugefaangen. D'Zil vun dëser Table Ronde war et, de „Libre Examen“, deen eis als ULB-Studenten besonneg vill bedeit, ze benotzen fir Europa an d'europäesch Iddi ze analyséieren. Et participéieren de Frank Engel, Patrick Hannot, Jean-Jacques Kasel, a Marc Wagner. D'Table ronde gouf vum Guy Kemp, Journalist beim Tageblatt, moderéiert. Geneesou wéi beim Débat, intervenéieren d'REEL'aner och bei dëser Table Ronde a leeën hire Pefferkär bäi. De Schlusspunkt vun der „Journée officielle“ waren den Dîner Gala an eis wonnerschéi Soirée am „Concert Noble“, engem ganz besonnesche Festsall a Bréissel.

No deene chargéierten dräi Deeg ass Sonndes, och nach als „Journée détente“ bekannt, geduecht fir d'REEL méi gemittlech auskléngen ze loossen. No engem räichhaltege Brunch an der „Brasserie Heysel“ (net wäit vum Atomium weg) stoung eng Visite am Waasserpark „Océade“ um Programm, wou d'REEL'aner d'Méiglechkeet haten, déi verschidde Waasserrutschen a Wellebäder ze testen. Fir déi Persounen, déi et gäre méi lues hätten, waren d'Sauna oder e Whirlpool genau dat Richtegt. No der Schwämm kënnt natierlech de géien Hunger erëm, a fir deen ze bekämpfen hu mir e Grillowend am „Kulturrrkaffee“ organiséiert. Bei wonnerba-

rem Wieder konnte mir eise läschte Patt bei enger leckerer Chipolata, Merguez oder engem Stéck Poulet genéissen. Nom offizielle Schlusswuert vum Comité, der Verdeelung vun de Präisser fir d'Gewënner vum Rallye, an der Proclamatioun vum Mister a vun der Miss REEL 2011, war et och schonn Zäit fir Äddi ze soen an an de Bus ze klammen, deen d'REEL'aner zeréck op Lëtzebuerg bruecht huet.

De ganze Comité 2011 seet all de REEL'aner Merci fir hiert Kommen a fir déi konstruktiv a flott Stëmmung, déi eng REEL sou aussergewéinlech mécht. Mir hoffen dat dier eng interessant an eng flott REEL erlieft hutt a mier freeën ons och iech all op eiser „Après-REEL“ Soirée erëmzeginn.

Comité REEL



Fotoen: Yves Roth, Melanie Elsen, Myriam Olinger, Pit Schumann

ANESEC



L'Association Nationale des Etudiants en Sciences Economiques et Commerciales (ANESEC) fut fondée au début des années 80. En 1994, l'ANESEC a été officiellement enregistrée et a adopté le statut d'association sans but lucratif.

L'ANESEC est cofondatrice de la Fondation des Universitaires en Sciences Economiques (FUSE) et siège en tant que membre con-

sultatif auprès de l'Association des Cercles d'Etudiants Luxembourgeois (ACEL). Aujourd'hui l'association compte plus de 500 membres et est la seule organisation nationale représentant les intérêts des étudiants en sciences économiques et commerciales. L'association est administrée par un comité de 15 membres, exerçant bénévolement et sans rémunération leur mandat.

QUELQUES ACTIVITES DE NOTRE ASSOCIATION...

SEMINAIRE COMMENT REUSSIR VOTRE CANDIDATURE

Au programme de ce séminaire figurent : « Comment rédiger un CV et une lettre de motivation ? », « A quoi faut-il faire attention lors de l'entretien ? » et finalement « Les autres critères de sélection ». Maître de conférence : Madame Diane Ries de HR Services.

FOIRE DE L'ETUDIANT ET SEANCES D'INFORMATIONS DANS LES LYCEES

En 2009 l'ANESEC a collaboré avec le Ministère de l'Education Nationale pour l'organisation de la Foire de l'Etudiant qui a eu lieu le 12 et 13 novembre dans les halls d'exposition de la Luxexpo et laquelle était centrée sur les métiers de l'économie, de la gestion et de la finance. De même l'ANESEC participe aux séances d'informations dans les différents lycées du pays.

VISITES D'ENTREPRISES

Ensemble avec les membres de l'AMUSE (Amicale et Mutuelle des Universitaires en Sciences Economiques), l'ANESEC organi-

se régulièrement des visites d'entreprises. Parmi ces entreprises figurent par exemple le site de production Esch-Belval d'ArcelorMittal et le centre logistique de la Cargolux.

SEMINAIRES FUSE / ACTIVITES AMUSE

Les membres de l'ANESEC sont les bienvenus aux événements organisés par les deux associations partenaires de l'ANESEC, à savoir la FUSE et l'AMUSE. Ainsi, la FUSE organise chaque année un séminaire portant le titre Création et reprise d'entreprise.

ACTIVITES « FUN »

Font notamment partie de cette catégorie la sortie à la Schueberfouer ainsi que la visite du Wolzer Béier-Musée, Drink & Talk,....

www.eco.lu/-ANESEC



Guide du Futur Diplômé 2011/2012



L'Association des Cercles d'Etudiants Luxembourgeois (ACEL) édite depuis 1999 le « Guide du Futur Diplômé » destiné aux étudiants qui sont sur le point de terminer leurs études supérieures. Ayant pour vocation de faciliter leur intégration dans le monde du travail, cette édition vise à encadrer l'étudiant davantage, avant, pendant et après ses études universitaires. L'un des principaux buts de l'ACEL est de fournir des informations riches et pertinentes aux jeunes qui sont confrontés au défi de construire leur avenir. Tout comme son « frère aîné », le « Guide du Futur Etudiant », ce Guide a connu dès ses débuts un succès considérable. Les deux publications constituent ainsi, dans le monde estudiantin luxembourgeois, des ustensiles d'information indispensables.

Le but du « Guide du Futur Diplômé » est donc de faciliter l'intégration des étudiants

dans le monde du travail. Afin d'atteindre cet objectif, cette publication regroupe un maximum d'informations et de conseils pratiques concernant la recherche, les études post-universitaires au Luxembourg, les procédures administratives ou encore la recherche d'un emploi.

Comme les éditions précédentes, la version 2011 a été élaborée en étroite collaboration avec une série de partenaires et d'interlocuteurs du secteur privé et public, ainsi qu'avec l'aACEL (amicale de l'ACEL) et diverses institutions, associations et Ministères. Sans leur soutien, la réalisation du présent Guide serait impensable.

Pour cette nouvelle édition 2011, le Guide a été retravaillé, surtout en ce qui concerne le contenu et la structure. D'abord, les informations pratiques ont été revues afin de garantir une mise à jour continue du contenu de notre Guide. De plus, nous avons essayé d'élargir les informations fournies, principalement en ce qui concerne la partie « Les premiers pas », qui vise l'entrée dans la vie professionnelle. Ainsi, les informations concernant le Centre commun de la sécurité sociale, l'Administration de l'emploi, la Caisse nationale de santé, l'assurance accident, le Centre national des prestations familiales et celles relatives aux représentations professionnelles et salariales, ont été ajoutées. En ce qui concerne la partie « Etudes post-universitaires », les informations relatives à la formation continue ont été revues.

Dans une logique de continuité, les différentes parties du Guide se suivent l'une l'autre et résument les étapes que les futurs diplômés pourront entamer après la fin de leur cycle d'études. Bien que l'édition 2011

soit toujours organisée en quatre parties, la structure diffère de celle des éditions précédentes. L'édition 2011 est donc structurée en quatre parties essentielles et distinctes: La première partie intitulée « Conseils pratiques », informe plus concrètement sur les démarches à suivre pour entamer une carrière professionnelle. Le Guide propose des informations concernant la rédaction du Curriculum Vitae, de la lettre de motivation, le déroulement de l'entretien de recrutement, ainsi que celles relatives au procédé d'homologation des diplômes. Cette partie informe aussi sur les démarches à suivre dans la recherche d'un emploi et indique les liens utiles pour cette recherche.

Dans la deuxième partie intitulée « Les premiers pas ... », le Guide explique d'une manière très générale le système économique et social du Grand-Duché du Luxembourg. Cette partie fait aussi référence aux aspects les plus importants du droit et de la médecine du travail et présente les différentes institutions étatiques (CCSS, ADEM, CNS, CNAP), l'assurance accident et autres assurances complémentaires, la fiscalité, ainsi que les représentations professionnelles et syndicales.

La troisième partie intitulée « Etudes post-universitaires » est consacrée au domaine de la recherche et de la formation continue. Le Guide contient à cet effet un grand nombre d'institutions de recherche présentes au Luxembourg. Les informations sur les bourses et contributions financières possibles, ainsi que sur le remboursement des prêts contractés lors de la vie estudiantine, font partie de ce chapitre.

C'est la quatrième et dernière partie, qui offre des vifs témoignages illustrant quelques

carrières professionnelles les plus recherchées. Quelques diplômés nous ont fait part de leur vécu lors de la recherche d'emploi, sans oublier de nous donner quelques astuces supplémentaires, de première main, qui permettront aux futurs acteurs de la vie professionnelle de mieux réussir. Ces témoignages constituent des informations très utiles pour entamer une des carrières proposées. Les différents témoins informent sur les démarches à suivre dans la carrière respective, la vie quotidienne du métier, les diplômes requis, les personnes de contact indispensables, ainsi que les démarches administratives.

Le tirage de 3.500 exemplaires de cette édition 2011 est disponible gratuitement, dans les agences de la Banque et Caisse d'Epargne de l'Etat (BCEE), auprès du CEDIES, auprès de l'ADEM, auprès des SPOS dans les Lycées du pays ou bien par simple demande auprès du comité de l'ACEL. La sortie du Guide au courant du mois de mai chaque année, se veut de prévenir et d'informer les étudiants avant même la fin de leurs études, afin qu'ils puissent profiter au maximum des informations indispensables, contenues dans cette publication.

Sans le soutien de nos sponsors, de nombreuses institutions, associations, Ministères, mais aussi de la Banque et Caisse d'Epargne de l'Etat (BCEE), du CEDIES, de l'ADEM et d'un grand nombre de personnes volontaires, ce Guide n'aurait jamais vu le jour. D'où il convient ici de les remercier grandement de leur aide élémentaire.



contact@acel.lu
www.acel.lu

Schülerreesen Entdeck deng Uni

Och dëst Joer huet d'ACEL nees d'Schülerreesen organiséiert. Dës Reese ginn eemol d'Joer ugebueden an erméiglechen de Schüler fir en Dag an déi eng oder aner Studentestad ze fueren, wou scho lëtzebuurger Studente studéieren. Op der Plaz ginn d'Schüler da vun de lëtzebuurger Studenten aus der Stad selwer de ganzen Dag betreit.

Dëst Joer konnte si tësche Bréissel, Wien, Nanzeg, Oochen, Léck, Stroossbuerg, Lausanne, Karlsruhe, Heidelberg, Zürich, Innsbruck, Köln, Kaiserslautern, Saarbrécken, Freiburg a München entscheeden a mat souvill Qual der Wal sinn du schlussendlech 6 vun dëse Reesen och duerghefouert ginn an et goufen 120 zefridde Schüler an Elteren.

Um Programm stoung do op éischter Plaz natierlech d'Visite vun der Uni, respektiv dem Uni-Campus mat allem wat derzou gehéiert: d'Bibliothéik, d'Mensa, d'Reim wou d'Coure gehale ginn asw. D'Schüler kruten awer och vun de Studenten d'administrativ Démarchen erkläert, wou se sech wéini bewerben oder aschreiwe mussen. Muncher Student huet do och nach net all ze laang aus der Vergaangenheet erzielt an sou ginn d'Schüler direkt gewuer wéi den Hues op där Uni leeft. Ganz wichteg sinn dann och nach ëmmer verschidden «Tipps an Tricks» iwwer d'Unisliewen, déi d'Studenten de Schüler och ëmmer gäre weider ginn.

Dat Ganzt gétt de Schüler och d'Chance op der Plaz de Studenten direkt Froen ze



Géi mat op d'Schülerreesen

stellen, zum Beispill iwwer déi verschidde Studiegäng, wou een dann och mol gewuer ka gi wat fir eng Proffen d'Studente weider empfehlen oder wéi de Studium eigentlech ausgesäit. Oder et kritt een Informatiounen zu méi praktesche Froen wéi, „Wou fannen ech eng Wunneng?“ oder „Wéi kommen ech vu Lëtzebuerg aus am einfachsten / séiersten / bëlleegsten hei hin?“

No engem Mëttegiessen, wat meeschtens an der Mensa war, kruten d'Schüler iwwerall awer och d'Stad gewisen, datt si sech vun dëser en Androck maache konnten. Seele kritt een eng Stad gewise vu Studenten déi säit Joren do studéieren an d'Stad dohier sou gutt wéi hier Boxentäsch kennen. Sou kritt een Abléck déi engem soss vläit mol vers-toppt bleiwen. Fir dat nächst Joer sinn dann och rëm Schülerreesen geplangt, wéini et wou hi geet,



steet nach net genee fest, mä et lount sech allefalls sech bei de Studentencercelen oder bei der ACEL um lafenden ze halen. Eischt Informatiounen heizou gétt et dann och schonn op der Foire de l'Etudiant.

Op dëser Plaz wëlle mer och nach eemol eise Partner Merci soen, ouni déi di ganz Organisatioun vun de Schülerreesen net méiglech wier. E grouse Merci och de Studenten aus den Unisstied di Schüler iwwert di Deeg betreien an e ganz grouse Merci un déi Schoulen di dëse Projet ënnerstëtzen an di Schüler a Studenten di d'Schülerreesen ëmmer rëm zu engem groussen Erfolleg gi loossen.



contact@acel.lu
www.acel.lu

Tournoi de l'Ambassadeur

2011

Uganks vum däitsche Summersemester 2011 stoung zu Oochen e ganzt traditiounellt Evenement um Programm, den Tournoi de l'Ambassadeur, e Fussballtournoi den all Joer tëschent de Cercle vun Oochen (AVL), Léck (LESTLE), Bréissel (CELB) an Louvain-la-Neuve(Nei Léiwener) ausgedroe gëtt an deementspriedend och all Joer op enger anerer Plaz ausgedroe gëtt.

Nodeems den Tournoi d'läscht Joer vu Bréissel organiséiert gouf, wor et dëst Joer erëm un Oochen, déi sech d'läscht Joer an enger ganz spannender Final Bréissel hu misse geschloe ginn, dësen auszedroen an deementspriedend wor de Comité vum AVL och héichmotiveiert heiraus e flott Evenement ze maachen, wou jiddereen, souwuel fussballeresch wéi och beim Comptoir, op seng Käschte kënnt.

Wéi dat ënnert Studente méi oder wéineger üblech ass, konnt et leider net zur geplangter Auerzäit lassgoen, well déi éischt Equipe leider réischt géint II Auer de Wee an déi schéi Kaiserstaat fonnt hat an déi Bréisseler souguer eng ganz Stonn ze spéit ukoumen, wat een hinnen allerdéngs mat der Erklärung daten se den Owend virdrun hir AG haten a Verschiddener offensichtlech iwwerhaapt net geschlof haten, net wierklech iwwel huele konnt. Vu Louvain ass leider keen opgetaucht, obwuel mer mat hinne gerechent haten, well kee sech ofgemellt hat. Een eenzege léiwener Student hat allerdéngs de Wee op Oochen fonnt an huet och gutt säi Mann gestanen, ënnenerëm mat enger motivéierter Leeschtung op der Bande vun der 3ter Oochener Equipe.

Wéi den Tournoi allerdéngs bis um rulle wor ass och alles zimlech zügeg iwwert

Bühn gaang soudatt mer eis souguer nach de Luxus erlabe konnten a während dem Tournoi de System spontan vu Gruppen op Jidderee géint Jidderee geännert hunn, soudatt déi eenzel Equipen awer pur Matcher ze spille kruten. Géint 5 ass de fussballereschen Deel dunn op en Enn gaange mat folgendem Endklassesment: 1.Oochen1, 2.Oochen2, 3.Leck, 4.Bréissel, 5.Oochen3, 6.Breissel2.

Ausser Fussball wor de ganzen Daach iwwer natierlech fir lessen a Gedrénks gesuergt an dëst fir en onschlobaren Flatrate-Präis vun 15€ fir de ganzen Daach bis einfach alles fort wor. Wéi schonn ugekënnegt stoung de Participanten de ganzen Daach eng Zaapenlag zur Verfügung wou ee sech méi oder wéineger fräi bedénge konnt an de Grill ass och quasi vum fréie Mëtte bis zum Schluss op vollen Toure gelaf, soudatt keen huet missen Hunger leiden.

Wéi den Daach um Fussballsterrain awer sou lues op en Enn gaangen ass an de Groussdeel vun de Leit aus der Dusch koumen, si mer dun weider op eis Afterparty an Haus-4-Bar gaangen, eng kllassesch Studentebar, déi mer fir dësen Owend gelount haten an déi och relativ gutt bei de Leit ukomm ass, wat eventuell och doru loung datt de Béier nach ëmmer näischt kascht huet. Zousätzlech hun mer op dëser Plaz dunn och nach méi e grouse Schwenkgrill ugeschmass fir Leit schliisslech mat Koteletten ze versueren.

Nodeems den Owend dun mam leschte Faass Béier an der Haus-4-Bar sou lues op en Enn gaangen ass, sin mer dunn zum Ofschloss an de Kaktus gaangen, de Stammcafe vun de Lëtzebuerger zu Oochen. Hei ass et dunn och monter weider gaangen andeems mer nach e ganze Frigo lëtzebuergesche



Béier eidel gemaach hunn an ee Cercle souguer nach op eng 5-Liter Fläsch Wodka emgestiegen ass, den nämmlechte Cercle, de sech no enger ganz kuerzer Nuecht an enger Jugendherberge spontan dozou duerchgerongen huet nach annerhallwen Daach am Kaktus op der Terrass ze verbréngen.

Alles an allem kann een en zimlech grousszüege Bilan vum Ambassadeur 2011 zeien: 350 Liter Béier, 120 Thüringer, 60 Met-

twurschten, 40 Koteletten,... Zousätzlech kann een de gehuewe fussballereschen Niveau vum Ambassadeur 2011 ervirhiewen an natierlech eng Afterparty déi sech net nëmmen op Haus-4-Bar beschränkt huet, mä dono am Kaktus weider gaangen ass, eng Plaz wou et verschiddene Studenten sou gutt gefall huet, datt se einfach mol 2 Deeg do bliwwen sinn.

AVL

D'ACEL
A SÉNG MEMBERCERCLEN

E STAARKT
STÉCK STUDENT



Besicht eis op der Foire de l'Etudiant um Stand A30 an der Hal 3
Weider Infos ënnert www.ancel.lu

An Afrika mat "Amis d’Gens”!

Tëschent Juni an August, organiséiert d’Associatioun Amis d’Gens, all Joer, eng Humanitäraktioun zu Lokossa, am Benin (Zentral Afrika). Ënnert dem Logo vun der Uni vun Nanzeg, besteet d’Amis d’Gens nëmmen aus Medezinstudente vum zweeten an drëtte Joer. De Comité gëtt ëmmer am September democratesch gewielt an huet als Aarbecht motivéiert Memberen ze siche fir ee Maximum vu Suen ze sammele während dem Joer. Am Ufank muss de Comité sech an d’Amis d’Gens virun deene Studenten déi beträff sinn virstellen. Während sou enger Powerpoint-Presentatioun, hunn ech fir d’éischt vun der Associatioun héieren an hu mech och séier als aktive Member engagéiert. Ee Subside vun der Uni ass virgesin fir d’Ausgaben ze decken, mä de Gros vun de Sue kënnt awer vun eisen Aktivitéiten: Kuch verkafe, Soiréeë, Vente vu Kalenneren, etc... Eist Zil ass weinstens 6000 Euro zesummen ze kréie fir datt de Plan d’Aménagement vun eise Partenariat mat der Gemeng vu Lokossa erfollegräich ass. Niewebäi, gi mir och een Deel vun de Suen un ee Wesenhaus zu Lokossa. Leider kann net all Member bis an Afrika reese well dat ganz säi Präis huet. De Fluch fir hin an zrëck esou wéi d’Impfungen (Fièvre jaune, Hepatite A, Méningite, Typhoïde, DT polio...) geet op d’ege Käscht vun all Member. Net ze vergiessen d’MALARONE, deier Pëllen, déi een dohannen all Dag muss huele fir sech géint d’Malaria ze schützen. Schlussendlech soll ee mat engem Minimum vun 1000 Euro Budget rechnen.

Enn Mee gouf eist Zil erreecht. Eis Visaë koumen och rechtzäiteg aus Paräis, sou datt no eisen Examen, den éischte Grupp vun 8 Leit sech konnt fäerdeg maache fir déi spannend Erausforderung. Ech wor ee vun deenen éischten 8, déi vum 21. Juni bis den 12. Juli bis an Afrika gereest sinn. Ech kann iech leider net all Detailler erziele vu mengen 3 Wochen, mä eppes ass awer sécher, et wor meng beschte Liewenserfarung bis Haut! Mir hunn eis während der Woch a Gruppen opgedeelt an eis ofgewiesselt tëschent der Klinik an dem Wesenhaus „La Providence“. Am Wesenhaus hu mir Spiller gemeet a Cours gehalen. An der Klinik oder besser gesot „Hôpital de Zone“ hu mir ënnert schwéier Bedéngungen (z.b keng Klimaanlag, staarke Geroch, ...) ee Stage gemeet.

Als zukünftegen Dokter war dee Stage eng Beräicherung fir meng Carrière. Ech hu bäigeliert wéi ee mat wéinege Méttelen a schwéier Bedéngunge ka Medezin praktizéieren. Wou ech meng Nuetsschicht gemeet hunn, war mir séier kloer datt dohannen d’Aide-soignante d’Aarbecht vun dem Infirmier mécht, den Infirmier déi vum Dokter an den Dokter ... muss alles maache kënnen! Ausserdeem, huet eis den Dr. Jules, den eenzege Chirurg aus dem Haus, viles bäibruecht, net nëmmen am medezinesche Beräich mä och fir d’Liewen. Seng Wieder wäert ech ni vergiessen an domat hoffen ech d’Medezinstudenten an d’zukünfteg Medezinstudenten ze motivéiert.

„Devenir médecin est un parcours long et difficile mais, par après, cela devient très passionnant! J’ai fait mes études en Pologne et à l’époque les Noirs n’étaient pas toujours les bienvenus. La discrimination et la langue étaient des obstacles mais pas des barrières! Vous vous demandez comment j’ai réussi? Eh bien, n’oubliez pas la phrase suivante: Vouloir fortement, c’est pouvoir!
Après mes études, j’ai fait mon stage en France mais je suis retourné dans mon pays car ici je ne suis pas limité à ma spécialisation de chirurgien. Ici, je peux tout faire: j’opère, je donne des consultations, je vais voir les patients... Profitez de votre séjour pour apprendre, car ce que vous verrez ici, vous ne le verrez pas ailleurs ou difficilement car tous les domaines de la médecine sont concernés ici. Il est important aussi de toujours prendre des notes pendant les stages, ici ou ailleurs, c’est un conseil car j’étais étudiant comme vous... Vous savez ce qui distingue

un médecin d’un bon médecin? On ne cherche ce que l’on connaît et on ne trouve ce que l’on cherche. Le bon médecin c’est ça et c’est ce que je le souhaite pour vous!”

Tiago Fernandes,
Trésorier vun der ALEM



YOU
DRIVE
WE
CARE

YOUNGACL S’ADRESSE
AUX JEUNES ENTRE 16 ET 25 ANS.

INSCRIS-TOI
SUR NOTRE SITE
www.youngacl.lu
ET PROFITE
DES NOMBREUX
AVANTAGES

TELEPHONE
45.00.45-1
54, ROUTE DE LONGWY
L-8080 BERTRANGE

www.youngacl.lu

YOUNGACL
YOU DRIVE WE CARE



...zu Stroosbuerg op der Uni

Ca. 250 km vu Lëtzebuerg fort läit eis schéin elsässesch Unistiedchen. Stroosbuerg – net ze grouss, mä och net ze kléng – huet säit Generatiounen schon lëtzebuenger Studenten emfaangen. Mam Jean-Claude Juncker hat Stroosbuerg och deen am Moment vläit bekannteste lëtzebuenger Student. Eng 280 000 Awunner huet Stroosbuerg, ass elsässesch Hauptstadt, mä doriwwer eraus mat Bréissel zesummen och europäesch Hauptstadt - mat sengem Euro-parot, Europaparlament an dem europäesche Gerichtshaff fir Mënscherechter. Als Elsassstiedchen war Stroosbuerg ofwies-selnd däitsch a franséisch an huet am nachhi-nein nëmmen dovunner profitéiert. Stroos-buerg ass nämlech weder franséisch, nach däitsch, mä och hautdesdaags nach ëmmer „el-sässesch“, wat de besonnege Charme a punkto Architektur, Gastronomie, mä och Liewensas-tellung ausmécht. Choucroute, Flames a franséische Savoir-Vivre maache Stroosbuerg fir d'Lëtzebuenger esou attraktiv an dofir kann de Stroosbuenger Stu-dentecercel „A.L.U.S.“ och op eng laang Ges-chicht zrëckblécken.

d'A.L.U.S.
Stroosbuerg ass mat senger ronn 600 lëtze-buenger Studenten no Bréissel, déi Stad déi am meeschte Lëtzebuenger op hirer Uni ages-chriwwen huet. Am Joer 2009 goufe mat der Rentrée Univer-sitaire aus den 3 Uni'en - Université Robert Schuman - Université Louis Pasteur - Université Marc Bloch eng eenzeg Uni, déi séch „ Université de Stras-bourg“ nennt, a mat sengen 42 000 Studenten, déi gréissten Uni an Europa ass.

De Studentencercel A.L.U.S. huet an der Moyenne 200 Memberen (also 1/3 vun de lët-zebuenger Studenten) a probéiert dem neie Student d'Liewen an där neier Ëmgéigend esou agréabel wéi méiglech ze maachen, an hinnen op divers Froen ëmmer eng Äntwert kënne ze ginn.

Wat de Studium zu Stroosbuerg ubelaangt, ass et esou, datt d'Economie am meeschte Lëtzebuenger unzitt an déi aner Branchen +/- ausgeglach sinn.

Studie vun de Lëtzebuenger:

1) Economie de Gestion:	43 %
2) Droit:	19 %
3) Sciences humaines et sociales:	13 %
4) Sciences:	11 %
5) Santé et paramédicale:	10 %
6) Autres filières:	4 %

E grouse Pluspunkt vun der Unistad Stroos-buerg ass natierlech seng Villfältgkeet a senge Studienangebot, wéi déi viereg Zuelen et beweisen.

De Cercle selwer, dee sech mam ganzen Numm „Association des Etudiants Luxembourgeois à l'Université de Strasbourg“ nennt, kann op eng

Geschicht vu méi wéi 40 Joer zeréckblécken an deenen hien ganze Generatiounen u lëtze-buenger Studenten d'Liewen zu Stroosbuerg mat sengen diversen Aktivitéite verséisst huet, respektiv hinnen a Fäll vu Froen, oder Schwie-regkeete, Ried an Äntwert stoung.

d'A.L.U.S. a séng Aktivitéiten
Frot emol al stroosbuenger Studenten, wéi et hinnen an hirer Zäit am Elsass gefall huet, an dir kritt als Äntwert: „ma ganz einfach - et war genial!!!!“
D'A.L.U.S. huet natierlech eng ganz Rëtsch un Eventer parat, déi iwwer dat ganz Unisjoer organiséiert ginn.
Ee neit Unisjoer fänkt traditionell mam Fräi-béier un, dee geduecht ass, fir sech als neien/ale Member fir 1 Joer am Studentecercel anzeschreiwen, an esou un all eisen Aktivitéi-ten deelhuele kann.
Während all Woch gëtt esou een Event op d'Bee gestallt, an derniewent treëft sech d'A.L.U.S. all mëttwochs an hirem Stammcafé, fir e puer flotter Stonnen zesumme kënne ze verbréngen.

Mais niewent deene méi klengen Eventer ass d'A.L.U.S. haaptsächlech weinst sengen 3 gréissten Eventer bekannt.

Zu Stroosbuerg hu mir jo bekanntlech 3 grouss europäesch Institutiounen, mat un der Spëtzt dem europäesche Parlament. A genau dat Parlament kënne d'A.L.U.S. Memberen all Joer eemol mat engem vun eisen 6 Depu-téierte besiche goen.
Deen Dag selwer geet et scho mueres fréi an d'Europaparlament, wou d'Studente vun deem jeeweilegen Deputéierten um Site selwer d'Parlament, seng Funktiounen, seng Organi-satioun a säi Pouvoir erkläert kréien, respek-tiv d'Roll vun der EU méi no bruecht kréien. Nomëttes kritt een als Student dann d'Ge-baier selwer gewisen an de Beruff vum Euro-parlamentarier virgestallt.
Owes geet et dann mam Deputéierten, senger Equipe a Journalisten an ee Restaurant, wou een an engem flotte Kader dee ganzen Dag bei engem gudde Maufel a séffeg Patt analyséiere kann.
Stroosbuerg ass awer net nëmme Capitale de l'Europe, mä verwandelt sech all Joer am Wanter an d' „Capitale de Noël“, mat sengem iwwer d'Grenzen eraus bekannte Christkin-delsmärik, deen absolutt derwäert ass ze ge-sinn.
A genau zum Zäitpunkt vum Stroosbuenger Chrëschtmaart fënnt Samschdes virun Niklosdag den traditionellen „Stroosbuenger Niklosrallye“ statt, vun deem d'Stroosbuenger Ancien'en nach laang no hirer Studienzäit schwärmen.
Deen Dag treffe sech an eiser Unisstied-chen aktuell Stroosbuenger Studenten an Ancien'en, mä och Studenten aus anere Stied, notamment Karlsruhe, Saarbrécken a Freiburg – esou datt dësen Event schonn alleng nëmme weinst deene villen „Net-Stroosbuenger-Par-ticipant'en“ sou flott an ofwiesslungsräich ass. Am fréien Nomëtteg geet et no engem gudde



Pättche Glühwäi fort, duerch d'Stroosse vu Stroosbuerg, fir spéiderhin op dem Chrëscht-maart eng ganz Rëtsch u flotte Spiller, kniww-elege Froëbëi, mä awer och „kulinareschen“ Tëschenetappen an herno an engem Restau-rant mat der beschtens bekannter Tarte flam-bée + Präisiwwerreechung zu Enn ze goen.
Dee ganzen Nomëtteg iwwer steet de Spaass an d'Kollegialitéit am Virdergrond, an et léiert een och rëm eng Partie nei Leit déi zu Stroosbuerg vun aneren Uni'en op Besuch sinn kennen.
De Stroosbuenger Niklosrallye ass wéi gesot ee Begrëff bäi ville lëtzebuenger Studenten an och Ancien'en an dowéinsten nët méi aus dem A.L.U.S. Eventkalenner eweg ze denken.

All Unisjoer geet eemol op en Enn ...
Zu Stroosbuerg heescht dat, datt et Zäit gëtt fir ee weideren absolute Stroosbuenger Must, an zwar d' „Route du Vin“. Och bei dësem Event dee ganz zum Schluss vum Schouljoer kuerz virun der Examen-Léier-Wakanz stattfënnt treëft een als Stroosbuenger Student op eng ganz Rëtsch „Net-Stroosbuenger“, déi dësen Event net wëlle verpassen.
Ganz fréi mueres treffe sech eng ca. 60 Hob-byoenologen zu Stroosbuerg fir dann mam Bus an d'Elsass opzebriechen, an 2 vers-chidde Wäindomainer besichtegen ze goen. Dierfer am Elsass si ganz bekannt bei de

Lëtzebuenger – Nimm ewéi Riquewihr, Eguisheim oder Turckheim sinn jidderengem ee Begrëff, an dofir organiséiert d'A.L.U.S. och ee Ganzdags-Ausflug an d'Elsass.
Mueres geet et bei deen éischte Wënzer, deen eisen Hobbyoenologen d'Aarbecht am Wéngert, de Betriib an zu gudder läscht och d'Endprodukt vun senger Aarbecht – de Wäin – virstellt an erkläert.
Et ass äusserst interessant d'Aarbecht vum Wënzer an d'Hierstellungsweis vum Wäi bäibruecht ze kréien, mä mir musse kengem erklären, datt dat interessantst un esou enger Visite natierlech zum Schluss d'Degustatioun selwer ass. Esou ass et dann och nëmme verständlech datt d'Stëmmung während der „Route du Vin“ hires Gläiche sicht.
Spaass, Gelaachs, Degustatiounen, mä och intressant Anekdote vum Wënzer prägen den Oflaf vum A.L.U.S. – Ausflug an d'Elsass.
Mëttes gëtt typesch elsässesch de Mo ges-täipt, eier et da bei deen 2. Wënzerbetriib ka weidergoen.
No engem laangen, an oft och ustrengenden Dag geet dann d'Rees nees zrëck op Stroos-buerg, wou d'Festivitéit awer nach laang net riwwer ass, mä par contre nach bis déif an d'Nuecht an de Café'en ausklänge gelooss gëtt.

Fir d'ALUS – Streng Pol



Neiséiland



Wann ee vu Lëtzebuerg aus e Lach duerch d'Äerd buddelt, da kënn een am pazifischen Ozean eraus, direkt niewent Neiséiland. Neiséiland läit op der anerer Säit vun der Welt. Et ass bekannt fir seng Landschaften, säin Tourismus, seng Schof, d'Kiwifruucht, de Kiwivull, d'Maori-Kultur an de Rugby. A Neiséiland ass dat Land, wou ech e Joer laang studéiert hunn.

No der Première hunn ech mech dofir déci-déiert Schouljoffer ze ginn. Et wore vill Grënn déi mech zu Lëtzebuerg gehal hunn, privater, sportlecher, schoulescher oder praktescher. Ech hunn a mengen 4 Joer Uni.lu een Auslandssemester zu Köln gemaach, an ech war frou, datt d'Uni.lu senge Studenten déi Méiglechkeet offréiert huet. Soss hunn ech meng Studentenzäit ganz zu Walfer verbruecht an ier ech alles richteg realiséiert hat, war se och schonn eriwwer an ech hu mech zu Rodange virun engem drëtter Schouljoer erëmfonnt. Mä Beruff gefält mer, ech weess, datt ech wëll Schoul halen... mä ech hu mech dee Moment awer nach net richteg prett dofir gefillt. Ech wollt nach emol fort, eppes erlieven, eppes anescht hunn ewéi Lëtzebuerg. Ech sinn immens frou mat mengem Land an awer war fir mech de Moment komm fir et ze verlossen. Ech hu mer also virgeholl e Joer ze schaffen, Suen ze spueren an déi dann direkt am Joer drop nees auszegi fir op der anerer Säit vun der Welt weider ze studéieren. Ech wollt an Australien goen. Méi einfach gesot wéi gemaach. Ech war Méint laang amgang ze probéieren eppes ze fannen, eng Uni, e Studium eng Stad... an ech hu mäin Dram schon ëmmer méi platze gesinn. Lëtzebuergesch Institutiounen konnte mer net hëllefen, well si sech net mat Unien esou wäit ewech auskennen. Schlussendlech hunn ech awer

eppes fonnt, an zwar op <http://www.study-experience.fr>. Dëst ass e Berodungszenter fir Studenten déi op enger Uni a Groussbritannien, Amerika, Kanada, Australien an Neiséiland wëlle studéieren. Si bidden e gratis Service u mat deem si de Studenten hëllefe sech op enger Uni anzeschreiwen. Ech kann dëse Service nëmmen uroden, d'Leit ware super frëndlech an hunn hire Job wierklech gutt gemaach. Duerch de Rafael krut ech mech du schliisslech op 5 Unien ageschriwwen, 2 an Australien an 3 a Neiséiland. Neiséiland war u sech just meng zweet Optioun, falls Melbourne a Sydney net géife klappen. Bon si hu schlussendlech och net geklappt, mä ech sinn awer op der Victoria University zu Wellington an Neiséiland ugeholl ginn. An haut sinn ech immens frou driwwer.

No quasi engem Joer Stress fir e Wee ze fanne fortzefueren, ganz ganz vill Panik, Flemm, Opreegung, Freed a Pabeierskreemchen, an engem gültege Studente-Visa deen ech ongefëier dräi Deeg viru mengem Départ kritt hunn, war et den 11.08.10 sou wäit. Ech sinn an de Fliger geklomm a meng Aventure konnt ufänken.

„Windy Wellington“ huet mech mat enger vu senge bekannteste Charakteristike begréisst; mat ganz vill Wand. Op engem Freideg de 13. sinn ech also eréischt no ganz vill Gestuckels an e bësse Gezidders sécher um Buedem gelant. Wéi ech spéider gewuer gi sinn, sinn dës Landungen zu Wellington Routine, et geet bal net anescht!

Eng international Studentin vun der Victoria University ass mech op de Flughafen siche komm. Hatt ass och mat mer bei mäin Hostel gefuer. Ech hat vun doheem aus e Bett

am Hostel reservéiert, kee grouse Luxus, awer ëmmerhin en Dag iwwert dem Kapp. D'Studentin huet mer och e „Welcome Package“ mat lauter Broschüre vun der Uni an Informatiounen iwwert Wellington ginn. Spéider am Dag ass hatt dunn mat mer bei d'Uni getrëppelt wou ech mech nach emol ugemellt hunn. Um Wee fir dohinner war et gro, et huet gereent, et war kal an et war ganz vill Wand, d'Neiséilänner hate jo Wanter. En plus huet meng international Studentin mer erzielt datt hatt et net immens zu Wellington géing fannen a frou wär fir nees heem ze goen.....„Super“, hunn ech geduecht...

Wéi ech dunn owes op mengem Dortoire am Hostel am Bett loung, hunn ech mech scho gefrot „Wat hues du hei gemaach? Wärs du lo net vill besser doheem um Stau? Oder beim Schwarzwaldhaus op der Fouer?“ Mä u sech wollt ech jo genee dat, ech wollt en Challenge, eppes Neies, eppes Spannendes, a sou hunn ech mech schonn de nächsten Dag fréi moies op de Wee no enger Wunnéng gemaach. Nodeems ech Adressen an Telefonsnummere gesammelt hat, sinn ech mat opgeweechter Landkaart an naasse Schong duerch dat verreennte Wellington getrëppelt, vu Wunnéng zu Wunnéng. Donneschdes Owes, bal eng Woch nodeems ech geland sinn, hunn ech déi Wunnéng fonnt wou ech wollt. Ech wosst et direkt. Et war e klengt wäisst Haus, no um Zentrum, 4 Zëmmer, 2 Buedzëmmer, Kichen, Stuff, Gaart an Terrass. 3 Neiséilännerinnen tëschent 23 a 24 Joer haten eng Annonce opginn, datt si e Matbewunner sichen. Allerdéngs war ech nach enger Konkurrenz ausgesat, aner Leit waren



natierlech och un der Wunnéng interesséiert. Een Dag méi spët krut ech awer dunn eng SMS wou mer d'Wunnéng confirméiert ginn ass. :) Den 28. August konnt ech plënnere, a vun deem Moment un ass alles e bësse méi einfach fir mech ginn.

Op der Uni hunn ech dann och lues a lues ugefaangen. Ech hu meng Tuteuren kennegeleiert, a sinn fest ageschriwwen ginn. Ech hunn de Master an der Educatioun gemaach. Als Aarbechtsoptrag hat ech eng These ze schreiwen. Ech hat keng Cours'en mä ech hu mech regelméisseg mat mengen Tuteuren getraff fir iwwert meng Aarbecht ze schwätzen. Op der Uni hunn ech dann déi gréissten Zäit an der Bibliothék verbruecht, an hu mech schwéier gedoe Leit kennen ze léieren, well ech a kenge Klasse war. Iergendwann hunn ech awer Kontakt mat den internationale Studente kritt. An de Fait datt ech mer mäi Stonneplang zum gréissten Deel konnt selwer gestalten, hat natierlech och seng Virdeeler.

Meng These hunn ech iwwert den differenzierten Unterrecht geschriwwen. Ech hunn als éischt vill Recherche gemaach, an en theoreteschen Deel opgebaut. An enger zweeter Phase sinn ech a Primärschoule mech op den Terrain informéiere gaangen. Heibäi muss ech soen, datt ech et immens interessant fonnt hunn, neiséilännesch Schoule kucken ze goen. Hire Schoulssystem ass a villen Hisiichte ganz anescht ewéi eisen, an ech hunn et op perséinlech ewéi schouleschem Niveau flott fonnt, fir Vergläicher mat mengen Erfahrungen an der Lëtzebuerger Schoul ze zéien.



L'ENGAGEMENT SYNDICAL VAUT TOUJOURS LA PEINE!



Plus un syndicat est fort en termes de nombre de membres, et représentatif en termes de secteurs économiques et sociaux dans lesquels il est majoritaire, plus il est à même de garantir des salaires de début de carrière équitables et la reconnaissance des diplômes dans les barèmes salariaux, combattre la précarisation des conditions de travail des jeunes salariés, imposer des avancées sociales comme la création de nouveaux droits (ex. droit au congé parental; droit au congé individuel de formation), négocier une amélioration continue des salaires et des conditions de travail, promouvoir la mise en place de services d'assistance et de conseil efficaces pour les salariés et demandeurs d'emplois, lancer des campagnes publiques visant une meilleure réponse politique aux défis que représente la crise économique et financière pour notre modèle social.

Avec plus de 65 000 membres, l'OGBL est le syndicat n°1 au Luxembourg!

Rejoins-nous dans notre action et dans notre engagement pour la défense et l'extension de notre modèle social, pour le plein emploi et la justice sociale!

DEVIENS MEMBRE DE L'OGBL!

**OGBL**
www.ogbl.lu

Well ech op der Uni méi Schwieregkeeten hat fir Leit kennen ze léiren, hunn ech mer Kollegen op aner Plaze gesicht. Duerch meng Matbewunnerinnen sinn ech gläich an hire Fren-deskrees integréiert ginn. Ausserdeem hunn ech Basket gespillt, an hunn dann och op dësem Wee Leit kennegeléiert. Am grouse Ganze sinn d'Neiséilänner ganz oppen a frëndlech Leit, sou datt ech séier net méi alleng war. Gläich hunn ech dunn och mäin Alldag fonnt, den aus Uni, Basket, an natierlech weidere Fräizäitbeschäftegunge bestan huet. E puer flott Erfahrungunge well ech lo emol kuerz beschreiwen:

Wéi ech nach am Hostel gewunnt hunn, ganz am Ufank vu mengem Openthalt, hunn ech an engem Dortoire mat véier Better geschlof. Wéi den Zoufall sou wëll, sinn dunn enges Dags zwee Lëtzebuerger a genee dësen Dortoire schlofe komm. De Max an de Charel, zwee Münchener Studenten, hunn zesummen eng Rees mam Auto duerch Neiséiland gemaach, an haten hiren 1. Stopp zu Wellington bei mir am Dortoire. Si waren um Wee fir erof op d'Südinsel. Mir hunn eis kennegeléiert a gläich gutt verstanen, sou datt si hiren 2. Stopp, fir nees erop an de Norden, nach emol bei mir am Dortoire gemaach hunn. Zu Wellington hu mer e puer Sehenswierdegkeeten zesummen ugekuckt, a wann hiren Auto eng Attache gehat hätt, hätte si mir och nach gehollef mäi Bett ze plënnere (eppes wat, wéi de Max sot, wuel dat lescht gewiescht wär, wat hie sech virge-

stallt hat an Neiséiland ze maachen, e Bett ze plënnere! :)).

Toast Martinborough war e risegt Wäifest zu Martinborough, eng kleng Stad déi op der Kaart e bësse méi héich läit ewéi Wellington. Op ville verschiddene Sitë ronderëm Martinborough waren Zelter, Comptoiren, Bühnen a.s.w. opgeriicht ginn, an iwwerall krut een anere Wäin, lessen a Musék servéiert. Gratis Busnavette hunn ee vu Site zu Site gefouert, an e Wäiglas dat ee ronderëm den Hals gedroen huet, war net nëmme fir ze drénken, mä ass och als Entréesbilljee benotzt ginn.

Ech hat jo keng fest Couren op der Uni, an du erfir konnt ech Neiséiland och selwer e bësse bereesen. Ech hu mech bei enger Busorganisatioun fir jonk Leit ugemellt an ech sinn dunn zu Wellington an de Bus geklomm fir mech quasi duerch d'ganz Land féieren ze loosse. Während ech mech zu Wellington praktesch nëmme mat Neiséilänner opgehal hunn, war ech hei an der purer Touristebbranche ukomm. Ech hu Leit aus aller Welt kennegeléiert, Groussbritannien, Spuenien, Frankräich, Däitschland, Amerika, Kanada a.s.w. just ebe keng Neiséilänner méi. :) Zesummen an ënnert der Féierung vum Buschauffer hu mer dann och vill gesinn a vill gemaach, sief et Wanderungen, Schwammen, Go-Kart, Jet-Boating, Bungee oder Fallschirm. Weiderhin hat ech einfach eng gutt Zäit fir mat de Leit aus dem Bus zesummen ze hänken. Ech hu fir mech ideal

fonnt, d'Land mat dëser Busorganisatioun ze entdecken, virun allem well ech alleng gereest sinn an esou direkt an e Grupp vu Leit erage-rode sinn.

D'Rugby Sevens war e risegt Event zu Wel-lington. Am Westpac Stadium hu Rugby Equipen aus der ganzer Welt en Turnéier géintenee gespillt, dëst allerdéngs nëmme 7 géint 7. Zu Wellington ass d'Traditioun, datt d'Leit sech fir dëst 2 deeglecht Event verkleeden; wat méi geckeg, wat besser. Freides si mer no de Matcher erausgaangen, mä wat Samschdes lass war, muss ee matgemaach hu fir ze glee-wen. Déi ganz Haaptstrooss wa gespaart ginn, an d'Leit sinn a Masse vum Stadion an d'Stad gewandert, wou scho ganz vill Leit amgaang waren ze féieren. Hei huet dunn eng grouss Stroosseparty stattfonnt, wat ëmsou méi wit-zeg war, duerch déi vill Verkleedungen.

Am Abrëll waren d'University Games zu Auckland, an eis Uni huet natierlech och dorun deelgeholl. Ech hu mat de Meedercher vum Basket matgespillt eng 100 Studente vun eiser Uni sinn zesummen op Auckland gefuer fir un dëse Spiller deelzehuelen. 3 Deeg gefëllt mat Sport a Furri, déi eiser Equipe um Schluss och nach d'Goldmedailen abruecht hunn. Vu Juni bis August hunn ech mat der Baske-tequipe vu Wellington un engem nationalem Turnéier deelgeholl deen op dräi verschidde-ne Weekender uechtert Land gespillt ginn ass. Mir hunn zu Palmerston North, Auckland an Dunedin gespillt. Mir sinn déi drëtt ginn.

Ofschléissend muss ech soen datt ech eng super Erfahrung gemaach hunn. Ech hunn och immens vill bäigeléiert a ville Beräicher; schoulesch a privat. Ech géing et all Moment nach emol maachen, a soen datt all Student sech sou eng Erfahrung gënne soll. Ech wëll awer och drop opmierksam maachen, datt et net nëmme einfach ass. Ech hunn op der enger Säit vill Zäit dran investéiert fir alles ge-regelt ze kréie fir kënne fortzegoen, woubäi ech schon kuerz virdu war opzeginn. Op der aner Säit muss ee sech am kloerem sinn, datt ee sech fir d'éischt eppes muss op der aner Säit vun der Welt opbauen, an net direkt an ee gemaachent Bett klëmmt. Wann dat engem gefällt, dann ab an de Fliger, et ass derwäert!

Michèle Orban



St. Gallen E Cercle stëllt sech vir



Léiw Studentinnen a Studenten, dir mengt hannert Basel an Zürich kënn näischt méi? Dann hutt dir iech geschnidden! Am Häerz vun der Ostschwäiz, ëmgi vun de beschte Skigebitter aus Europa a mat Vue op de majestéitesche Bodensee läit déi idyllesch Klengstad Sankt Gallen. Gegrënnt vu puer Mönchen am 7. Joerhonnert a bekannt ginn duerch d'Textilindustrie huet sech dës schwäizer Kantonalhaaptstad zu engem wirtschaftlechen a kulturellen Zentrum entwéckelt. Esouwuel duerch seng Welt-kulturerben, ewéi och mat sengen onver-wiesselbaren Opportunitéiten iwwerzeegt St. Gallen. Windsurfen um Bodensee, Ski fueren um Säntis oder danzen op der lo-kaler Schueberfouer, der OLMA, sinn nëm-me puer vun den Attraktiounen déi engem d'Studenteliewe verséissen. Wann dir nach ëmmer net genuch hutt, da kënn dir en plus nach schnell är Frënn an anere Weltstied ewéi Zürich, München oder Milano besi-chen.

Fir iech, zukënfteg St. Galler Studentinnen a Studenten, bitt d'Proximitéit zu alle liewens-néidegen Etablissementer, ewéi engem Su-permarché, der Uni oder de villsäitegen Dis-cothéiken net nëmme de Virdeel, Zäit ze spueren, och sidd dir net un en Auto gebon-nen. An, well d'Nuetslieden eng fantastesch Ofwiesselung un Events virzeweisen huet:

loosst ären Auto doheem stoen a bréngt ee gudden Duuscht mat! Huet iech dat al-les nach ëmmer net iwwerzeegt? Dir mengt also wierklech dir kéint enger vun deene weltbegehrten, bombasteschen, knackegen a wahnsinneg schmackhaften OLMA-Brot-würschten widderstoen? Mir mengen net!

Héich iwwert der Stad St. Gallen, um Rouse-bierg, fannt dir d'Universitéit St. Gallen. Och bekannt als „HSG,“ gouf se am Joer 1898 gegrënnt an ass hautzedaags eng vun deene weltwäit féierenden Universitéiten am Berä-ich vun der Economie an dem Management. Hei, um Campus fënnt een zwëschent de-enen 6800 Studenten, zukënfteg Top-Eco-nomisten, Juristen, Manager an Diplomaten. Och am europawäite Verglach, weess d'Uni St. Gallen ze iwwerzeegen. Sou kënn dir eis formidabel Uni am Ranking vun der Financial Times op der 16. Plaz vun de beschte Busi-ness Schools fannen! Klengt net gutt genuch? Ma dann haalt iech un! Plaz Number One weltwäit vun de Masteren am Management geet u keen aneren ewéi d'HSG! An dodro-per kann ee stolz sinn!

Wat huet d'Uni soss nach esou ze bidden? Ganz einfach, nieft deene renovéierten Inf-rastrukture fann dir, sief et am Beräich vum Sport, am Beräich vun der Eco oder awer am Beräich vum Social Clubbing eng ganz Rëtsch vu Veräiner. Dir kënn deementspriedend, niewent eiem geniale Lëtzebuerger Veräin ären allméiglechen Interessen no goen. Dir gesitt, sou schnell langweileg gëtt et iech sécher net! An, huet iech dat nach ëmmer net iwwerzeegt, sou soll iech gesot sinn, datt zahlreich aner Events, ewéi beispillsweis d'Banking oder d'Consulting Days, den HSG-Ball an de berühmte St.Galler Symposium iech op aner Gedanke brénge kënnen.

LSZ, Fribletz an AELL: dir hutt deemno en neien Noper! Et wor ee lëschtigen, alko-holgeschwängerten Owend, ewéi et se an engem Studenteliewen oft sollt ginn, ewéi sechs attraktiv jonk Leit d'Entscheidung getraff hunn hei zu Sankt Gallen ee Lëtze-

buerger Studenteveräin ze grënnen. Wann d'Appenzeller, d'Marxisten, an d'Amateure vum Schnupftubak Veräiner kënnen hunn, da brauche mir Lëtzebuerger dach op alle Fall och esou eppes. Ëmmerhi sti mir deenen anere Randgruppe jo an näischt no (ausser eventuell der Consommation vu Schnupf-tubak). Dat wor Ufank 2010. Mëttlerweil, méi ewéi ee Joer dono, hu mer et gepackt – allen bürokrateschen Hürden zum Trotz – eise Veräin ze grënnen. LSSG, de Veräi vun de Lëtzebuerger Studenten zu St. Gallen ass of-fiziell vun der Universitéit unerkannt an eis héischmotivéiert Membere schaffen, fläisseg ewéi Seechomessen op Speed, un allen néi-degen Infrastrukturen, déi eise jonke Veräin esou brauch.

Eist erklärent Zil ass et, d'Liewe vun de lët-zebuerger Studenten hei zu St.Gallen (nach) méi agréabel ze maachen, de sozialen Aus-tausch ze förderen an nei lëtzebuerger Stu-dente méiglechst séier, méiglechst gutt un d'Eegenheete vun der Uni an der Stad Sankt Gallen erunzeféieren. Dësweidere wëlle mer och méi jonk Lëtzebuerger fir d'Universitéit

St.Gallen, déi an hirem Fachgebitt jo du-erchaus positiv Kritike kritt, begeeschteren. Et ass Schued, datt et esou wéineg Lëtzebu-erger un dëser gudder Universitéit ginn. Et leeft sech wierklech gutt hei an d'Ausbildung ass excellent. Mir kënnen dowéinst jidder-engem, dee sech iwwerleet Eco ze studéiere just un d'Häerz leeën, sech eis wonnerbar Universitéit emol ukucken ze kommen. Mir sinn iwwerzeegt dass d'Stad an d'Universitéit ze gefale wéissten...An, datt et elo och e lët-zebuergesche Veräin hei gëtt, ass just nach een Argument fir St. Gallen. Aktuell treffe mer eis eemol d'Woch fir eng Aktivitéit (Bil-liard, Béier etc.).

Et wäert eng grouss Erausfuerderung ginn, d'Kontinuitéit vum Veräi sécher ze stellen, esoubal eis Grënnergeneratioun d'Uni, an domat och den operativen Deel vum Veräin, verléisst. Mir soen der ACEL elo schon Mer-ci a freeën eis op eng gutt, an hoffentlech laangfristeg Zesummenaarbecht..

Roude Léiw, huel se!
Är Lëtzebuerger Studente vu St. Gallen.



Bouche Bée

- et beschreift am beschte wat een zu Indien kann soen, et léist een “ouni Wierder“

Erëm kommend vu mengem klengen indesche Buttek deem ech hei an dëser Welt fonnt hunn, setzen ech virun enger Samosa, engem Paneer Masala, engem Naan an dee gudden d'Chai Tei, a kann net anescht wéi un déi Zäit ze denke wou ech an Indien verbruecht hunn virun e puer Méint.

Jo, ech schwätze vum dëser Welt, well Indien, dat ass eng aner.

Soubal een aus dem Fliger klëmmt, um Geroch vun der Loft an dem komeschen Niwwel (oder wat och ëmmer et ass) mierkt een et schonn, et ass anescht, nei, eng Erausfuerderung, eng Erfahrung, eng Welt déi drop waart erfuerscht ze gi.

Soubal d'Dir vum Flughafen opgaangen ass an ech déi tonne Leit gesinn hunn, jätzen, brëlen, Pabeier mat Nimm drop geschriwwen an d'Luucht halen, wosst ech , datt ech net méi an deem klenge Lëtzebuerg war. Ech war endlech, no sou ville Joer dervun dreemen, an Indien ukomm. Näischt konnt mer Angscht maachen. Meng éischt Reaktioun: esou schlëmm wéi ech mer et virgestallt hunn, ass et jo guer net! Och wann net alles sou verleeft wéi ech et geplangt hat.

Nodeems ech ukomm sinn, ass alles ganz schnell gaang - sou wéi alles zu Delhi. Den Traffic ass schrecklech, tuten a fueren, keng Récksicht op Verloschter. Iergendwéi muss ee jo säi Wee duerch dee Chaos fannen, egal op Kéi, Leit, Vëlo, Tuk Tuk oder Kaméil.

Meng éischt Woch hunn ech zu Delhi verbruecht, fir mech e bëssen an ze gewinnen, d'Sprouch kennen ze léieren, Sightseeing ze maachen. Et war net schlecht, mä ech war frou wéi ech bis aus deem Chaos vun där rise Stad eraus war a wéi ech zu Farridabad, e klenge Viruert vun Delhi, ukomm sinn.

Mä onglécklecherweis war ech och hei nach ëmmer d'Attraktioun vum Dag fir déi meescht. Jidderee wëll Fotoe vun engem maachen, een upaken, mat engem schwätzen. „Hello Maam, how are you? Maaaaam...“ héiert een de ganzen Dag iwwer, et kann een net roueg iwwert eng Strooss trëppelen, mä wat soen ech do, ween trëppelt schonn an Indien? Nëmmen déi Aarm. Et gëtt ee schon komesch ugekuckt wann een nëmmen 3 Meter zu Fouss mëcht.

Si hunn eng ganz kloer Hierarchie, d'Leit si nach ëmmer a Kasten opgedeelt. Ech hat d'Chance vill Leit kennen ze léieren aus sou zimlech all Kast. Ech hun bei „Räichen“ gelieft, bei de Kanner an den „Slums“ geschlof, mech mat kalem Waasser aus engem Eemer gewäsch, Deeg laang ouni Stroum gelieft. Mä alles hëllt een a Kaf, well et ass een an Indien, sou ass d'Liewen eben do. Et akzeptéiert een et oder et muss een heem fueren.

Mä firwat ech eigentlech do war: fir ee Bénévolat an enger Klinik als Kiné ze maachen. Ech sinn iwwert eng Associatioun dohi komm, alles hätt solle preparéiert si, mä weem sees de et...? No villem hin an hier, sinn ech endlech an eng Klinik bei ee Kiné a säi „Cabinet“ komm. Een normalen Oflaf vun engem Kiné sengem Dag:

- ukomme géint 10 Auer
- Téi drénken
- sech ee Patient ukucken, mä wierklech nëmmen ukucken!
- déi 3 üblech Froe stellen
- een Diagnostik ginn
- de Patient vun enger „Infirmière“ op eng vun deenen 3 „Maschinen“ setzen loossen oder ob se allen 3, well dat jo da méi Sënn mëcht
- dem Patient een Exercice soen, deen e kann doheem maachen - ouni natierlech sech vun sengem Stull ze beweegen
- Téi drénken
- nächste Patient
- Téi drénken
- Ziedelen ënnerschreiw vu Patienten déi een nom aneren an d'Zëmmer erakommen a sech selwer ob d'Maschine setzen a wësse wat se mussen maachen.

Géint 12 Auer ass den Dag eriwwer. Dat war ee Beispill vun engem Kiné deem ech an engem „Gouvernement Hospital“ erlieft hunn. Een anere Kiné, selwechte Prinzip, mä hien hat ob mannst nach ee Patient, bei deem en all Dag heem gefuer ass, an deem e wierklech een Traitement ginn huet wéi mir et an der Kiné kennen. Et war zwar minimalistesch, mä schon méi wéi anerer.

En plus, e Kiné an Indien ass een Dokter, an sou behuelen se sech och. Si menge si wieren déi Beschte, si wëssen alles, si froen dech och nach wat dass de alles hei léiers, stelle Froen iwwert eis Art a Weis ze schaffen, mä si verstinn et net, a laachen een aus. Si gesinn net a wéi mir als Kiné mat eise Manipulationen (Hänn) eppes bewierke wëllen. A méi wéi 3 Pathologien gëtt et och net, an déi kënnen nëmme mat variéieren am Fall wou de Patient Diabetiker ass oder net. Bon ech iwwerdreiw e bëssen, mä esou kennt et eriwwer.

Glécklecherweis hunn ech och nach aner Manéiere gesin fir ze schaffen. Ech war an enger Schoul fir handicapéiert Kanner, wou all Dag ee Kiné komm ass fir mat hinnen ze schaffen. Och do hunn ech leider misse mierken datt se nëmme e puer Technique kennen, an och net wierklech wëllen neier léieren.

Et ass vläit een Zoufall, mä et sinn alles Männer an ech hun mer oft d'Fro gestallt ob et en Ënnerschied giff maachen, wann ech net e Framësch wier. Egal wéi, ech hun mä Programm duerchgezunn, an och wa kee Kiné mat mer averstane war, an alleng e puer Wochen hunn ech e puer Kanner wierklech geholf. Wat schlussendlech dat Wichtegst war!

Am Ufank duecht ech, ech giff d'Welt verännere, ech giff deene Kinéë weise wéi ee muss praktizéieren, mä am Endeffekt, dat eenzeg wat wichteg war, war dat Laachen ob de Kanner hirem Gesicht. De Klängen deem net konnt trëppelen, mä deem awer op senge Féiss stoung an sou grouss war wéi säi beschte Kolleg. De Jong deem net schwätze konnt, dowéinst nëmme konnt aggressiv si, ze gesin sech op enger aner Art a Weis ze auszedrücken.

Ech hun schlussendlech vill Säite vun Indien gesinn, déi korrump Politik, Leit déi dergéint kämpfen, Leit déi näischt hunn an awer glécklech sinn an deelen, Leit déi härezensgutt sinn...

Indien ass net schlëmm, et ass herrlech. Okay ech ginn zou, et kann een et nëmme gär hunn oder et haassen, dertëscht gëtt et näischt, mä et changéiert vun engem Moment ob deen aneren, ouni Virwarnung. Um Schluss mëcht jiddereen seng Erfahrung an seng Entscheidung. Ech fir mäin Deel weess datt ech wëll an Indien liewen, meng Dreem sinn do bliwwen, ech gi se zrëck sichen a bauen se do op.

Wat wierklech net ze erdroen ass: zrëck heem ze kommen! Jidderee mengt ëmmer wann een an Indien (oder soss entzwuesch) geet, datt de Kulturschock do kennt, mä gleeft mir, e kennt soubal ee rëm doheem ass! Ech perséinlech hu ganz laang Zäit gebraucht fir mech rëm un eis Kultur ze gewinnen, déi an Indien wor einfach vis à vis vun deem. Mä ech kann och net behaupten datt ech eng laang waarm Dusch a Stroum net apprécieiert hunn, mä et gesäit een alles ob eemol mat aneren Aen. Mir hunn immens Chance, et muss ee sech dat emol bewosst ginn, an et dann och nach wëllen.

A wann ech hei sou u mengem Téi sippen, kommen ech einfach net derlaanscht fir mir ze soen, datt et déi bescht Décisioun war an déi genialst Erfahrung déi ech jeemools (bis elo) gemaach hunn. Ech kann nëmme jiddereen encouragéiere fir e Bénévolat an Indien ze maachen - vläit begéint ee sech jo ;-)

Chrissy Mangen



De Mënsch am Mëttelpunkt

www.lcgb.lu | blog.lcgb.lu
11 RUE DU COMMERCE, BP 1208 L-1012 LUXEMBOURG | TEL: 49 94 24-1 | [INFO@LCGB.LU](mailto:info@lcgb.lu)

De klengen ACEL Studenterepresentatiouns-ABC



AideFi:
D'Reform vun der „Aide Financière“ an dem Kannergeld fir Studenten huet eis och dëst Joer beschäftegt. Dobäi stoung net d'Gesetz an déi nei Finanzierungsverdeelung selwer am Mëttelpunkt, mä éischter wéi d'Studente mat deem neiartegen System ëmgaange sinn. An deem Sënn hat d'ACEL um Enn vum läschte Joer eng Ëmfro bei senge Membere gestart fir de Studenten hier Meinung iwwer hir éischt Erfahrungs mat deem neie System konnte matdeelen. Am grouse Ganze kann ee soen datt déi nei geregelt finanziell Hëllef, déi d'Studenten onofhängeg vun den Eltere gesäit an doduerch all Student nammlecht behandelt, gutt bei de Studenten ukomm ass. Eng positiv Entwécklung vum leschte Joer ass och, dass duerch déi nei AideFi bedeitend méi Studenten déi finanziell Hëllef vum Stat ufroen an domat hir Studie finanzéieren. Dës Evolutioun ass sécherlech ze begrëssen, wann ee weess dat um lëtzebuurger Aarbechtsmarché vill Diploméiert gebraucht ginn an et leider nach ze wéineg jonk Lëtzebuurger ginn déi hir Studien ofschléissen. En zweete positive Punkt ass, dass duerch déi erhéichten Zuel u Studenten déi d'AideFi ufroen, de Ministère de l'Enseignement Supérieur et de la Recherche elo ka vill méi präzis zu-

elen iwwert dat lëtzebuurger Studententum erfassen. Dës Statistiken iwwert d'Unzuel vun de Studenten, hir Studienrichtungen an Opdeelung op de verschiddenen Universitéite mussen elo genotzt gin fir déi verbesserungswürdeg Informatioun an Orientatioun vun de Lycéesschüler ze optiméieren.

Bologna Diplomer (beim Stat):
Eng almost never ending story... Sait déi nei bolognakonform Diplomer op den Unien uechter Europa ageféiert goufen, fuerdert d'ACEL datt och entspriechend Carrière beim Stat ageféiert ginn. Sait puer Joer vertréisch eis de Minister vun der Fonction Publique ëmmer rëm op d'Enn vum besote Joer. Virun der Summerpaus war d'Bachelorcarrière awer nach ëmmer keen Thema vun de Verhandlungen tëscht dem Ministère an der CGFP. Op der REEL zu Bréissel huet den Här Minister Biltgen eis awer op en eneits versprach datt et wäert eng Bachelor-Carrière an der Fonction Publique ginn an datt hee nach dësen Hierscht wäert mat der CGFP op e gréngen Zwäig kommen. Och den Avant-projet de loi deen de Ministère den 24. Oktober verëffentlecht huet, léisst hoffen datt dësen Dossier lo un d'Rulle kënnt.

Délégation Etudiante op der Uni.lu:
Ee neie Gesetzesvorschlag zur Universitéit Lëtzebuerg gesäit vir der Uni méi Autonomie an eng méi demokratesch Legitimitéit ze ginn. Sou solle sech déi eenzel Gruppen (Studenten, Personal, ...) méi an déi intern Organisatioun vun der Uni mat abréngen kënnen. De Projet de loi gesäit vir, fir eng „Délégation Etudiante“ ze grënnen déi vun all de Studenten déi op der Uni ageschriwwen si gewielt gëtt. Een Organ wat et an dëser Form zur Zäit nach net op der Uni.lu gëtt a wouduerch d'Studenten eng legitim Representatioun op der Uni kréien. Dës Delegatioun soll soubal se gegrënnt ass, d'Studentevertrieder an de verschiddene

Gremie vun der Uni Lëtzebuerg (Conseil de Gouvernance, Conseil Universitaire, Conseils Facultaire, ...) ernennen a gegebenefalls och revoquéieren. D'ACEL begrëisst de Vorschlag, dee laangfristeg eng autonom an onofhängeg, an d'Struktur vun der Uni.lu integréiert Studenteschaft kreéiere kann, déi sech aktiv un der Entwécklung vun der Uni bedeelege wäert. Doduerch datt d'Studente mat abezunn a gehéiert ginn, wäerten ëmmer méi Studente motivéiert si sech anzesetzen a sou wäert eng dynamesch Gesellschaft, déi um Dialog an der Demokratie baséiert, op der Uni.lu entstoën. Zesumme mat hire Membercerclen huet d'ACEL op der REEL zu Bréissel am Oktober ee Workshop ofgehalen fir Ideeën ze sammeln an ze kucken wéi d'Studentevertriedung am Ausland organiséiert ass. D'Resultater vun dësem Workshop verschafft d'ACEL an eng Propose wéi hirer Meinung no d'Struktur vun der „Délégation Etudiante“ op der Uni Lëtzebuerg sollt ausgesinn a wéi eng Aufgabe si sollt iwwerhuelen.

Foire de l'Etudiant:
D'Foire de l'Etudiant feiert dëst Joer hiren 25. Gebuertsdag. Si huet well laang hier fest Plaz net nëmmen am Kalenner vun de Schüler an zukünftege Studente mä och vun den aktuelle Studenten, déi gär hei hi kommen an de Lycéesschüler Ried an Äntwert zu hirem Studium oder hirer Unisstad stinn. Néierens soss kann de wëssbegierege Schüler Informatiounen vun enger ganzer Panoplie u verschiddenen Expositant'en (Studentecerclen, Universitéiten, Autoritéiten, Firmen) iwwert seng Méiglechkeeten nom Lycée sammeln. Natierlech ass och d'ACEL mat engem Stand op der Foire vertrueden, wou si hiren „Guide du Futur Etudiant“ un d'Schüler an d'Eltere vun de Schüler verdeelt. An dem Guide sinn Informatiounen aus éischter Hand fir iwwer 40 Unisstied kondenséiert.

Fir datt d'Schüler awer eppes mat de villen an nützlechen Informatiounen kënnen ufänken déi si op der Foire kréien, mussen si awer an der Schoul drop virbereet ginn. Dëst ass eng Noutwennegkeet déi et gelt sou schnell wéi méiglech ze erfëllen, well d'Schüler déi d'Foire besichen net ëmmer wësse wat si genee op der Foire erwaart a wéi se un déi fir si wichteg Informatiounen kommen.

Krankeversécherung fir Studenten zu Lëtzebuerg:
Am Dezember 2010 gouf d'Gesetz iwwer d'Sécurité Sociale geännert. Eng vun den Auswierkunge war, datt de Stat d'Krankeversécherung vu Studenten aus drëtt Länner op der Uni Lëtzebuerg net méi iwwerholl huet, a si déi mat bal 100€ de Mount misse selwer iwwerhuelen, wat eng immens finanziell Belaaschtung vun de Studente mat sech bruecht hätt. An enger éischter Noutléisung gouf decidéiert datt d'Uni Lëtzebuerg d'Käschten zäitweis fir déi betraffe Studente géif iwwerhuelen. Am „projet de loi 6283“ huet den Héichschoulministère probéiert dëst Messgeschéck rëm richt ze bëien an deems d'Studenten sollten d'Méiglechkeet kréie sech iwwer privat Assurancen ze versécheren. A Gesprécher mam Minister vun der Sécurité Sociale, dem Héichschoulminister an der CNS konnt d'ACEL awer iwerzeegen, datt d'Studente sech weider sollten ëffentlech kënnen versécheren z.B. duerch d'Afféiere vun engem „Statut d'Etudiant“. Am „Conseil de Gouvernement“ vum 14. Oktober 2011 ass dës Propose och ugeholl ginn an déi betraffe Studente wäerte sech an Zukunft fir ee Montant vun 33€ de Mount kënnen versécheren.

Studieninformatioun an -orientatioun:
D'ACEL huet sech ëmmer dofir staark gemaach, datt d'Schüler an d'Studente fräi entscheede kënnen wat a wou se studéiere ginn. Dës Fräiheet gëtt duerch den neie System vun der „Aide Financière“ ënnerstëtzt. Allerdéngs geet et net dier nëmmen di finanziell Moeien ze hunn, mä di jonk Studente mussen och hiert Studium kënnen „en connaissance de cause“ wielen. Dëst heescht dass d'Schüler fir d'éischt esou gutt wéi méiglech iwwert déi verschidde Studierrichtungen an Débouchées mussen informéiert si fir dono déi richteg Wiel vun der Studierichtung an Unisstad ze treffen. Duerch Aktivitéite wéi d'Schülerreessen, de Guide du Futur Etudiant, Studieninfoen an de Lycées an op der Foire de l'Etudiant probéiert d'ACEL zesumme mat senge Cercle de Schüler d'Informatiounen iwwert verschidde Studierrichtungen an Universitätsstied méi no ze bréngen. Trotzdem bleift ee Problem datt di jonk Studenten oft net genuch Kenntnisser vun de verschiddene Beruffer hunn, an och en Defizit an der Orientatioun besteet. Vill Schüler si motivéiert Unisstuden unzefänken a ginn och dofir finanziell vum Stat ënnerstëtzt. Allerdéngs kann een an engem Dokument vum MEN (Ministère de l'Education Nationale) liesen datt just een Drëttel vun de Studenten d'Studien «normal» ofschléisst; dat heescht sech net emorientéiert an d'Studium net komplett ofbrécht. Wann ee weess dat zu Lëtzebuerg 50% vun den Aarbechtsplaze fir Héichschouldiploméierter ausgeschriwwen ginn, muss d'Zuel vun den Echec'en also minimiséiert gi fir déi grouss Demande un Diploméierte gerecht ze ginn.

Mieux vous écouter,
mieux vous guider !

ESPACE ENTREPRISES

Lieu de documentation, de service et de conseil individuel gratuit, l'Espace Entreprises met ses ressources humaines et informationnelles à la disposition des entreprises nouvelles, expérimentées ou orientées vers l'importation et l'exportation.

Que ce soit dans des domaines juridique, administratif, économique, social, dans le cadre d'une création, d'une reprise ou d'une transmission de société, la mission de l'Espace Entreprises est d'assister dans les meilleures conditions ceux qui, par leur initiative, contribuent à l'expansion de l'économie luxembourgeoise.

Votre partenaire pour la réussite

CHAMBRE DE COMMERCE LUXEMBOURG

Espace Entreprises 7, rue Alcide de Gasperi L- 2981 Luxembourg Tél.: + 352 42 39 39 - 330 Fax: + 352 43 83 26 entreprises@cc.lu www.cc.lu

Een aneren hiweis op e Mangel un Informationsnotzung weist sech vläit och an der Wiel vun de Studiefächer. D'Fächer déi vun de Studenten gewielt gin variéieren nëmmen weening an entsprechen net ëmmer der Demande um Aarbechtsmarché. Ingénieursstudien motivéieren scho säit Joere weening Schüler obwuel et ee Manque un Ingénieurs zu Lëtzebuerg gëtt. Eng Fuerderung vun der ACEL ass, datt déi Zuelen déi de CEDIES lo duerch den neie System vun der AideFi kritt, genotzt gi fir d'Schüler besser ze informéieren wéi eng Beruffer an noer Zukunft gesicht ginn a wat fir eng Beräicher den Ament schon vill Leit op der Uni ën-

nerwee sinn an d'Nofro a 5-10 Joer net grouss wäert sinn.

Zousatzzäiten a Pensiounsreform:
Uganks dës Joeres war d'Pensiounsreform an aller Mond. An engem „Avant Projet“ huet de Ministère virgesi fir d'Zousatzzäiten déi ee fir säi Studium kritt vum Alter vun 27 Joer op 23 Joer ze beschränken. Aus Sicht vun der ACEL war de Virschlag net akzeptabel, wann ee bedenkt datt et quasi onméiglech ass ee Masterofschloss am Alter vun 23 Joer ze maachen. Ausserdem steet d'Beschränkung vun den Zousatzzäiten fir ee Studium geknäppt un den

Alter vun engem Student am Widdersproch zu der, duerch de Bolognaprozess geförderten Idee vum Life Long Learning. An enger Entrevue mam Minister hu mir eis Bedenken dowéinst geäussert a konnten zu eiser Zefriddenheet feststellen datt de Ministère an deem Punkt gär mat sech schwätze léisst. Zesumme soll lo gekuckt ginn eng Léisung ze fannen déi emsetzbar ass an trotzdem de moderne Studiengewinn negten an -zäite Rechnung dréit

contact@acel.lu



ALEP eng vun de 5 “Associations nationales” vun der ACEL



Niewent de Studentencercelen an de verschiddene Studentenstied ginn et och 5 Associatiounen déi “membres consultatifs” vun der ACEL sinn, an d'Studente vun engem Studiefach representéieren. Dës sinn d'ALEP (Association Luxembourgeoise des Etudiants en Psychologie), d'ALEM (Association Luxembourgeoise des Etudiants en Médecine), d'ANEIL (Association Nationale des Etudiants Ingénieurs Luxembourgeois), d'ANELD (Association Nationale des Etudiants Luxembourgeois en Droit) an d'ANESEC (Association Nationale des Etudiants en Sciences Economiques et Commerciales).

D'Membere vun enger fachspezifischer Studentenassociatioun studéieren op verschidde-

nen Unien, an een Haaptzil ass et, de Kontakt tëscht dëse Leit hierzestellen. Et gëtt awer och vill Wäert op ee gudde Lien zu de Professionellen aus der Branche an dem Berufsverband geluet. Studente bitt d'Memberschaft an enger fachspezifischer Studentenassociatioun deemno d'Méiglechkeet Leit kennen ze léieren, interessant Austausch ze maachen an Informatiounen iwwer Stagen an aner Offeren ze kréien. Och fir Schüler, déi sech fir d'Fach interesséieren, kommen hei vill Informatiounen zesummen, déi weiderhëllef fir säi Studium ze plangen.

D'ALEP (Association Luxembourgeoise des Etudiants en Psychologie) gouf 1998 an d'Liewe geruff a representéiert Lëtzebuerg bei der

EFPSA (European Federation of Psychology Students' Association). EFPSA dat ass wëssenschaftlechen Austausch um europäeschen Niveau an niewebäi sti vill sozial a kulturell Aktivitéiten um Programm. Dat nächste grousst Event vun der ALEP ass d'Soirée d'Information sur la Psychologie 2012, déi den 30. Mäerz stattfënnt. Als Psychologiestudent/in kanns du Member bei der ALEP ginn, an esou ëmmer vun eis um Lafende gehale ginn, kuck dofir mol laanscht op www.alep.lu. Fir an de Comité ginn och ëmmer nei Leit gesicht. Studéiers du Psychologie an hues Loscht dech ze engagéieren? Bass du nach Schüler an hues Froen? Dann zeck net a mell dech bei eis!

contact@alep.lu

Meng Meenung De Student a säi Recht op eng uerdentlech Verriedung

2003 wor et souwäit, och eist klengt Ländchen krut endlech dat, wat eis, ënnert anerem, esoulaang vun eisen Noopeschlänner ënnerscheed huet. Eng Universitéit.

Allerdéngs, wéi een haut, 8 Joer no der Grënnung, mierkt wor dat Gesetz nit ganz perfekt. Sou gouf dach glat emol op eng uerdentlech Verriedung vun de Mataarbechter an de Studenten (ausser jee engem Verrieder am Conseil de Gouvernance mat «voix consultative» a jee zwee am Conseil Universitaire), an soumatt op hier legitim Matbestëmmung wat d'Unispolitik betrëfft, verzicht. Dëst soll elo awer mam Projet de Loi 6283 geännert gi.

Aus mengen Erfahrungen am Ausland zu München an elo während mengem Erasmus a Finnland eraus kann ee schonns eng Saach festhalen. E schlecht Virbild ass Bayern. Do gëtt et nëmmen vu virera keng gesetzlech Verankertung an allgemeng demokratesch legitiméiert Verriedung. Obwuel eng «verfasste Studierendenschaft» op jidder Uni bis an d'70er eran duerchaus existéiert huet, sou goufen se 1973 ofgeschaaft mam Hiwäis, et géif sech ëm eng Keimzell fir Radikaler handeln. An anere Wieder: et verweigert een de Studente jeglecht Matgesaltungsrecht wann et ëm d'Universitätspolitik geet an dëst op all Niveau. Och wann et wuel «gewielten» Verriedunge gëtt, sou muss een de dach weint der feelender gesetzlecher Grondlag, éischter als vun der Uni gedulte Verriedungen ugesinn, vun deenen se sech am Eeschtfall schnell kann entleeden. Falls een also mat aneren «Länner» vergläicht ass schonns eleng de Wëllen, bei der uni.lu eng legitim Studentendelegatioun op d'Been ze stellen, dem Här Biltgen gutt ze schreiwen.

Besser hir geet et do an anere Länner. Huele mer Finnland. E Land mat ronn 5 Mio. Awunner, enger Fläch esou grouss wéi déi vun Däitschland an

engem vun deene performantesten Schoul- an Héichschoulssystemer vun der Welt. Firwat? Majo well de Stat an déi sozial Infrastrukturen investéiert an domatter senger Responsabilitéit nokënn! Héich Steieren op der enger Säit, mä dofir op der anerer Säit eng gerecht Ëmverdeelung.

Laut finneschem Gesetz ass all Uni derzou verpflichtet eng vun hir autonom an onofhängeg funktionéierend Studenteverriedung (Yliopilaskunta - Studentunion) zouzelassen, déi op all Niveau hir Verrieder asetze kann. D'Héichschoul selwer ass absolut gratis. Leng d'Studentunion huet ee Recht vun de Studenten ee Bäitrag ze verlangen. Bei mir sinn dëst ronn 90€ d'Joer. Et gëtt also nit een eenzege Student a ganz Finnland deen, direkt, fir seng Studie bezilt. Als Member vun der Verriedung, deen ee jo onweigerlech gëtt, huet een op der anerer Säit awer och vill Virdeeler: Cantinentarier fir 2,50€, 50% op Zuchreesen, Studententariffer beim öffentlichen Transport, verbëllegt Tariffer fir Dokteschvisiten etc. An natierlech d'Gewëssheet, datt engem seng Interessien duerch gewielte Verrieder gewort a verdeedegt ginn.

Verstitt mech elo nit falsch, ech well hei keen Exodus a Skandinavien provozéieren, geneesou weening ass et meng Intentioun, de finnesche System als perfekt duerzestellen. Aus Erfahrung weess ee just, datt et sech ëmmer méi einfach mat enger Virlag schafft. An ech sinn iwwerzeegt, datt hei dee finnesche System eng ganz gutt Virlag duerstellt.

Menger Meenung no mussen fir eng uerdentlech Studentendelegatioun folgend grondsätzlech Punkte berücksichtegt ginn:
- si funktionéiert onofhängeg an autonom vun der Uni an ënnersteet kengem Ministère oder sonsteger Institutioun, just hire Wieler, also de

- Studenten;
- si gëtt alleng duerch a vu Studente geréiert, si muss allerdéngs d'Méiglechkeet hu Personal anzustellen, fir hiert Fonctionnement sécher ze stellen;
 - si gëtt alleng vun de Studente gewielt;
 - si huet an alle Gremien an deenen se vertrauen ass vollt Matbestëmmungsrecht;
 - fir hir finanziell Autonomie, an domatter hir Onofhängegkeet, ze wore muss se d'Recht hunn eng Membershaft vun all Student deen op der Uni ageschriwwen ass ze verlangen. Ggf. muss d'Uni hir Aschreiwungsgebühren erforschrauwen (et steet iwweregens nit am Gesetz, datt d'Uni MUSS Aschreiwungsgebühren erhiewen Art. 46, (I));
 - all immatriculéierte Student ass Member an huet ee Grondrecht ze wielen a sech wielen ze loosse;
 - fir de Student muss ee Recht op eng Indemnisation bestoen, wann en an d'Delegatioun gewielt gouf;
 - si ass politesch neutral.

De Projet de Loi (PdL) verlaangt deemno richtegerweis d'Recht vun der Studentendelegatioun hir Verrieder an déi verschidden Organer (Conseil de Gouvernance, Rektorat, Conseil Universitaire an Dekanat) ze schécken, ouni allerdéngs ze soe wéivill. Weiderhi gëtt ënnerlooss den delegéierte Studenten an den Organer expressis verbis eng voll Stëmm zou ze gestoen. Eng Konditioun, déi awer muss erfüllt sinn. Schlussendlech ass och kee Punkt virgesinn, deen et Austauschstudenten erlaabt, déi keen direkten Ofschloss op der Uni.lu verfolge (Bsp.: Erasmus) resp. nit virum 01.12. vum lafenden akademesche Joer ageschriwwen sinn, un de Valen deel ze huelen. A mengen A sollt dëst awer gi sinn, well esou eng besser a méi schnell Integratioun an déi lokal Unisgesellschaft gefördert gëtt.

Eng Benodeelegung vun de Studenteverrieder, wéi schonns richteg vun der Chambre des Salariés kommentéiert (22.06.2011), ass och duerch de Punkt 4°, Art. I lter, (4) ze befäerten. Hei geet riets dovunner, datt ee Student deen zweemol, ouni valabel Entschëlleegung, an enger Versammlung vun sengem Gremium nit konnt deelhuele, ersat gëtt fir de Rescht vun der Amtszeit. Firwat soll dëst nit fir déi aner Conseilsmemberen a gläichem Mooss gëllen?

Ee weidere Schwaachpunkt am Gesetz, deen nit an Ugrëff geholl gouf vum PdL, ass deen, datt de Rektor souwuel d'Rektorat, wéi och de Conseil Universitaire (CU) presidéiert. Dëst kann am Sënn vun enger funktionéierender Demokratie keng Léisung sinn. Virun allem, wou de CU zu ville Punkte soll sän Avis ofginn, déi vum Rektorat virgeluegt ginn an em mam PdL nach weider Kompetenzen zougesprach ginn, déi awer nach nit wäit genug ginn.

Natierlech dierf ofschléissend och doropper higewise ginn, datt eng konstruktiv Mataarbecht säitens de Studenteverrieder fir eng zukunftsorientéiert a gutt funktionéierend Uni onerlässlech ass.

Wann den Här Héichschoulminister et also eescht hellt mat der Responsabilisation vum Student, dann dierf een dovunner ausgoen, datt alles gemeet gëtt fir deem demokratesch gewielten Organ all Stëmmrecht an Onofhängegkeet ze gewieren dat et brauch fir senger Aarbecht selbst-a pflichtbewosst nozegoen.

Pit Schumann
Du hues eng aaner Meenung oder einfach ee Kommentar? Da freen ech mech op déng Reaktioun: pit.schumann@gmail.com

Guide du Futur Etudiant 2011/2012



De „Guide du Futur Etudiant“ ass ee Guide vu Studente fir Studente. D'ACEL (Association des Cercles d'Etudiants Luxembourgeois) profitéiert vun hire gudde Kontakter zu hire Memberen, de lëtzebuerger Studentencercelen, fir esou kënnen aus éischter Hand Informatiounen un d'Schüler vun den Ofschlossklassen ze ginn an hinne bei der Wiel vum Studiefach a -stad ze hëllefen. Dëse Guide regroupéiert méi wéi 30 Universitätsstied an divers Fachspezifesch Studentenassociatiounen a bidd all déi wichteg a praktesch Informatiounen déi ee brauch fir den optimale Choix fir säi Studium kënnen ze treffen. Mat de Kontaktadressen vun den Unien, den ugebuedene Fächer, wéi och d'Aschreiwungsmodaliteiten ass de „Guide du Futur Etudiant“ méi wéi just e klengt Informationsbliéden an ass sécher dee richtegen Ufank fir sech iwwer d'Studium ze informéieren.

Et fënnt een awer och generell an handfest Informatiounen iwwert déi verschidde Stied an hiert Studenteliewen. Et kann een zum Beispill d'Adresse vun deene wichtegen Administratiounen, d'Informatiounen zum Logement an eng grob Schätzung vun de Liewenskäschten an deene verschiddene Stied fannen.

Ee weideren Atout vum Guide ass dass et fir all Stad eng Kontaktpersoun gëtt, un déi ee sech bei weidere Froe wende kann an déi engem zousätzlech Informatiounen aus der jeeweileger Stad ka ginn. An der Editioun 2010/2011 fënnt een och all d'Studiegäng déi een op der Uni Lëtzebuerg (www.uni.lu) mache kann.

Den „Guide du Futur Etudiant“ ass gratis an all den Agencen vun der Spuerkeess (BCEE), an de Centres de Psychologie et d'Orientation (CPOS an SPOSen), beim CEDIES, an der National Bibliothék, an natierlech och op www.acel.lu, erhältlech.

Bei weidere Froe kënn der gären op eise Stand op der Foire de l'étudiant laanschtkomme wou der da vu Studente perséinlech informéiert gitt.



Don't worry, just study !

Afin que vous puissiez vous concentrer sur l'essentiel, vos études, axxess UNIF vous propose* :

- une avance de fonds à 0% d'intérêt (TAEG 0%)
- des prêts étudiants subventionnés
- des cartes bancaires gratuites
- des retraits sans frais
- des garanties locatives à bas prix
- Internet Banking (S-net)
- Mobile Banking (S-net Mobile)
- ...

Autant d'avantages qui vous facilitent la vie d'étudiant. Plus d'infos sur l'offre gratuite axxess UNIF sur www.bcee.lu et en agence BCEE.

* offres soumises à conditions et sous réserve d'acceptation du dossier.

axxess UNIF



SPUERKEESS

Äert Liewen. Är Bank.

Banque et Caisse d'Épargne de l'Etat, Luxembourg, établissement public autonome, 1, Place de Metz, L-2954 Luxembourg, R.C.S. Luxembourg B 30775
www.bcee.lu tél. (+352) 4015-1

Impressum

ZOOM 1200mm

D'Studentenzeitung gëtt erausgi vun der ACEL a.s.b.l. (Association des Cercles d'Etudiants Luxembourgeois)

R.C.S. Luxembourg F969

ADRESSE POSTALE
ACEL B.P. 63
L-7201 Bereldange

Tél.: (+352) 691 42 05 38-39-40

www.acel.lu
contact@acel.lu

CHEFREDACTRICE
Myriam Olinger

REDAKTION
ACEL Comité, ALUS, ALEM, ALEP, LSSG, ANESEC, Michèle Orban, Chrissy Mangen, Pia Weins, Pit Schumann, Pit Pillatsch, Comité REEL, AVL, Tiago Fernandes

Fir Form an Inhalt vun den Artikelen ass eleng den Auteur verantwortlech.

D'ACEL seet all de Leit déi un deser Editioun matgeschafft hunn e grouse **Merci!**

OPLO
30000 Exemplairen

LAYOUT & ILLUSTRATION
Myriam Olinger
Melanie Elsen

PUBLICITÉIT
Espace Regie
54, rue Emile Mark
L-4620 Differdange

